# Gemengebuet

N°4 | 2025



Schëtter

# Gemengebuet

**N°4 | 2025**

**IMPRESSUM**

**EDITEUR:** Gemeng Schëtter

**LAYOUT AN DESIGN:** maru.

**FOTOEN:** Gemeng Schëtter, Fotoclub Schëtter, Steve Troes.

**DROCK:** Imprimerie OSSA

**DROCK-QUANTITÉIT:** 650 ex.

# INHALTSVERZEECHNES

**03 Virwuert**

**05 Neies aus der Gemeng**

05 Gemengen-Allianz géint Atomenergie

06 Prime d'encouragement

**07 Infrastrukturprojeten**

07 Schantjen um Site "Op der Bissemt"

09 Extensioun vum Cycle 1 an der Maison Relais

**11 Gréngen Eck**

11 Fairtrade-Brunch

12 Neie Spadséierwee féiert sécher an de Bësch

**14 Mënsche mat Geschichten**

14 Vicky Seibert-Jungbluth - Kommunikatioun verbënnt

17 Mario Vandivinit - E Liewe fir d'Konscht

20 Alain Grohmann - Feier a Flam zënter 1973

**24 Réckbléck op eis Evenementer**

**37 Veräinsliewen**

**47 Manifestatiounskalenner**

**49 Gemengerotssëtzungen**

**76 Verschiddenes**



# LÉIF BIERGERINNEN A BIERGER,

Ärem Schäfferot ass et eng grouss Freed, Iech déi neisten Editioun vun eisem Gemengebuet virzestellen. Mat engem neien Design wëlle mir net nëmmen d'Lieserliefnis verbesseren, mee virun allem d'Freed um Liesen erhéijen.


Op den nächste Säiten erwaart Iech – wéi gewinnt – eng Mëschung aus wichtegen Informatiounen zu politeschen Decisiounen, flotte Réckblécker op eis Eventer an – ganz nei – perséinlech Ablécker an d'Liewe vun de Leit, déi zu Schëtter wunnen a schaffen. Mat dësem neie Konzept wëlle mir d'Zesummeliewen an eiser Gemeng nach méi siichtbar maachen. Mir ginn deene Mënschen eng Stëmm, déi sech op ënnerschiddlech Manéiere fir d'Gemeinschaft engagéieren – sief et op kommunalem, politeschem, kulturellem oder sozialem Niveau.

D'Summerméint leien hannert eis – mat ville schéinen Erënnerungen u gemeinsam Momenter. Loosst eis an dëser Editioun op déi flott Eventer zeréckkucken, déi am Juni a Juli stattfonnt hunn: sportlech Aktivitéite wéi d'Nuit du Sport, kulturell Fester wéi d'Fête de la Musique an natierlech den Nationalfeierdag, deen dëst Joer eng Rekordzuel u Visiteuren op de Campus an der Dällt gezunn huet. Och eis Veräiner a Kommissiounen hu mat hire sëllege Festivitéiten an Aktioune fir eng super Stëmmung gesuergt – bei Sonn a bei Reen. Dir alleguer setzt Iech mat Ärem Engage-

ment fir d'Wuelbefanne vun Äre Matbierger an, an dofir soe mir lech vun Häerze Merci. Dir maacht eis Gemeng zu enger Plaz, wou zesumme gelieft, gefeiert a gelaacht gëtt.
Den Hierscht ass traditionell d'Joreszäit vun de Rentréeën. An deem Kontext wënsche mir de Schoulkanner an dem Erzéiungspersonal en erfollegräicht Schouljoer, eise Participanten an de Lëtzebuergeschcoursë vill Begeeschterung fir eis schéin national Sprooch an de Sport-Enthusiaste vill Spaass an hire Coursen a bei der Beweegung.

**Äre Schäfferot**

---




**4.480 Awunner**

## 93 Nationalitéiten


| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 2.591 | 81 | 45 | 19 | 13 | 9 |
| 294 | 79 | 32 | 18 | 12 | 8 |
| 271 | 65 | 29 | 18 | 10 | 8 |
| 151 | 56 | 27 | 17 | 10 | 8 |
| 134 | 55 | 22 | 17 | 9 | 8 |
| 117 | 45 | 21 | 14 | 9 | + 158 |

# GEMENGEN-ALLIANZ GÉINT ATOMENERGIE

Virum Hannergrond, dass Frankräich entscheet huet, d'Lafzäit vun der Atomzentral Cattenom ze verlängeren, hu sech 27 Lëtzebuerger Gemengen zesummegedoen an déi fréier Gemenge-Plattform géint Atomenergie erëm an d'Liewe geruff. Schëtter ass eng vun dëse Gemengen, déi fäert, dass en neien Trend zur Atomkraaft – ausgeléist duerch de Krich an der Ukrain – d'Entwécklung vun erneierbaren Energië kéint bremsen. D'Fuerderung vun der Allianz ass dowéinst kloer: Atomenergie refuséieren an erneierbar Energië fërderen, fir d'Ziler vun der Energiewend séier ze erreechen.

D'Gemengen-Allianz setzt sech zesummen aus follgende Gemengen (Stand 1. August 2025):

Beetebuerg, Bartreng, Biwer, Bauschelt, Conter, Diddeleng, Esch-Uelzecht, Esch-Sauer, Fréiseng, Keel, Kielen, Mäertert, Monnerech, Nidderaanwen, Reckeng op der Mess, Réiser, Rëmeleng, Suessem, Schieren, Schëffleng, Schëtter, Stengefort, Steesel, Veianen, Walfer, Weiler zum Tuer a Wolz.



# PRIME D’ENCOURAGEMENT 2024/2025

Denkt drun, Iech online anzeschreiwen, fir vun der Prime d’encouragement vum Schouljoer 2024/2025 ze profitéieren. De leschten Delai, fir d’Demande anzereechen, ass den 30. November 2025.

**Primmen am Iwwerbléck:**

- 50€ fir d’Schüler aus dem Secondaire, déi d’Joer gepackt hunn;
- 100€ fir d’Schüler, déi den Ofschlossexamen am Secondaire oder d’Léier gepackt hunn;
- 200€ fir d’Studenten, déi hire Studium ofgeschloss hunn, plus e Bonus ofhängeg vun der Dauer vum Cycle:
  - 2 Joer: 400€
  - 3 Joer: 600€
  - 4 Joer: 800€
  - 5 Joer: 1.000€.


Formulaire








Op der Bissemt - Minsbech




# SCHANTJEN UM SITE "OP DER BISSEMT"

Déi nei Infrastruktur "Op der Bissemt" mat Buvette a Funktiounsraim hëlt lues a lues Form un. Am September 2025 goufen déi éischt Moduler geliwwert an déi baussegt Holzstruktur montéiert. Duerno hunn d'Aarbechten um Daach ugefaangen. De Schäfferot kuckt voller Virfreed op d'Aweiung am nächste Joer – mat der Hoffnung, dass dës Plaz e liewegen Treffpunkt gëtt, wou d'Veräinsmemberen an d'Awunner aus der Gemeng vill flott Momenter matenee verbrénge kënnen.









# EXTENSIOUN VUM CYCLE 1 AN DER MAISON RELAIS

Mam Zouwuess vun der Populatioun an eiser Gemeng klëmmt och d'Zuel vun de Schüler am Fondamental. Fir de Besoine vun den zukünftege Generatioune gerecht ze ginn, steet de Schoulcampus „an der Dällt" virun engem gréisseren Ausbau. Den Optakt vun de Chantiersaarbechte fir en Neibau fir eis klengst Schüler aus dem Cycle 1 (Précoce a Klasse vum Cycle 1.1 an 1.2) ass fir Januar 2026 virgesinn, a fir d'Rentrée 2029/2030 sollen d'Aarbechte viraussiichtlech ofgeschloss sinn. Uschléissend gëtt d'Gebai vun der aktueller Maison Relais renovéiert, fir dës och unzepasse fir d'Kanner vum Cycle 1. Sou entsteet an dësem Deel vum Campus eng Welt, déi fir déi jéngst reservéiert ass.

## Eng Investitioun fir d'Zukunft

### Sécherheet geet vir

D'Aarbechte vum Ausbauprojet wäerten a verschiddene Phase realiséiert ginn an d'Sécherheet vun de Kanner an dem Schoulpersonal ass zu all Moment garantéiert. Fir dass sech d'Schüler fräi a sécher beweege kënnen, gëtt d'Installatioun vum Chantier ausserhalb vum Schoul-Site realiséiert. De Beräich vum Schantjen an den Zougang fir d'Baumaschinne gëtt duerch Clôturë vum Schoulcampus kloer ofgegrenzt.

### Modern an nohalteg Infrastruktur

Am Kader vun dëser Extensioun profitéieren de






Précoce an de Cycle 1 an Zukunft vun engem modernen a gutt equipéierte Schoulëmfeld: Insgesamt entstinn 13 nei Klassesäll, ee Sall fir Psychomotricitéit, ee Rhythmikraum, eng gemittlech Lies- a Repos-Zon, souwéi Raim fir d'Léierpersonal, Educateuren an den Appui scolaire. Do dernieft entstinn am Kader vum Ëmbau vun der Maison Relais nach weider Funktiounsraim: Créativité, Sciences, Construction, Jeux de rôle a verschidde Säll fir d'Restauratioun.

Grousse Wäert gëtt beim Projet op eng nohalteg an ëmweltbewosst Bauweis geluecht mat engem modernen Holzbau a Lehmverkleedungen. Gläichzäiteg gëtt de Prinzip vun der Kreeslafwirtschaft ëmgesat: D'Gebaier ginn esou konzipéiert, dass eenzel Element-er spéider einfach ofmontéiert a fir aner Projeten nees benotzt kënne ginn. D'Wuelbefanne vun de Kanner steet dobäi natierlech un éischter Stell: eng gutt Loftqualitéit, en effizienten Akustikschutz an eng barrièrefräi Architektur si wichteg Bestanddeeler vum Projet.

D'Käschte vun dësem Ausbauprojet leie bei viraussiichtlech 27.440.271,00€.



**Campus an der Dällt - Minsbech**









# FAIRTRADE-BRUNCH

Am Kader vun de Fairtrade-Wochen, déi vum 12. bis de 25. Mee stattfonnt hunn, krut d'Gemengepersonal de 4. Juni 2025 e flotte Buffet offréiert, mat Fairtrade-Produite wéi Croissanten, Wäffelcher, Uebst, Téi, Kaffi a Jus.

Uschléissend stoung eng kuerz Presentatioun iwwer nohalteg Akeef um Programm.

Mir sinn houfreg, eng zertifiéiert Fairtrade-Gemeng ze sinn an de fairen Handel ze ënnerstëtzen!

Video

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

FAIRTRADE

# NEIE SPADSÉIERWEE FÉIERT SÉCHER AN DE BËSCH

D'Ekipp vun eisem Fierschter huet zu Iwwersiren e Spadséierwee ugeluecht, dee laanscht d'Zuuchtanlag vum Klengdéiereveräin an den CR185 féiert. Zil war et, den Zougang an de Bësch ze vereinfachen. Dëse Wee ass mat hëlze Péil markéiert a gëtt reegelméisseg geméit, sou dass d'Foussgänger sécher laanscht d'Haaptstrooss kënnen tréppelen.






# Mir siche Verstäerkung fir eis Service-Ekipp

- Dir gitt gär op Fester?
- Dir hutt Freed um Kontakt mat anere Mënschen?
- De Service mécht Iech Spaass?

Mir siche flexibel an zouverlässeg Leit (› 18 Joer), déi eis bei Fester a Veranstaltungen ënnerstëtzen.

**Fir méi Informatiounen:**

relations.publiques@schuttrange.lu

35 01 13 - 600

Schëtter



# KOMMUNIKATIOUN VERBËNNT

Vicky Seibert-Jungbluth • Cheffe de service vu de Relations Publiques



Kommunikatioun ass méi wéi just e rengt Iwwermëttele vun Informatiounen. Se bréngt Mënschen zesummen. Fir en transparenten an direkten Austausch tëscht der Gemeng an de Bierger ze garantéieren, ass de Service Relations Publiques zoustänneg. Eng vun hiren Haaptaufgabe besteet doran, d'Awunner iwwer aktuell Aarbechten, wichteg Decisioune vum Gemengerot oder geplangten Evenementer um neiste Stand ze halen – eng Missioun, déi méi komplex ass wéi se op den éischte Bléck schéngt. "D'Ëffentlechkeetsaarbecht erfuerdert reegelméisseg Selbstreflexioun souwéi Kreativitéit, fir sou vill Leit wéi nëmme méiglech z'erreechen. An enger Welt, déi permanent ännert, musse mir dowéinst och eis Aart a Weis, wéi mir als Gemeng kommunizéieren, reegelméisseg upassen", erkläert d'Vicky Seibert-Jungbluth, Chef de service vun de Relations Publiques.

Ob digital oder am Print, als kuerze Video oder längere Reportage – d'Palett u Kommunikatiounsformen ass grouss, wat de Relations Publiques an hirer alldeeglecher Aarbecht entgéintkënnt, fënnt d'Vicky Seibert-Jungbluth: "De Virdeel besteet doran, dass ee Medium deen aneren net ausschléisst. Am Géigendeel: mir versichen dat Bescht aus allem erauszehuelen." Sou gouf zum Beispill de Schëtter Gemengebuet iwwer d'Summerméint iwwerschafft a krut fir d'Rentrée 2025/2026 en neien Design. "Engem bekannte Sproch no soll een ëmmer ophalen, wann et am schéinsten ass. An dee Moment hu mir elo erreecht. Wärend 6 Joer huet de viregten Design eis begleet, 29 flott Editioune sinn dobäi entstanen. Bannent de leschte Wochen a Méint hu mir vill Zäit, Aarbecht an Energie an de Redesign gestach, fir e modernen, méi perséinlechen a virun allem besser zougängleche Buet op d'Been ze stellen."

"Mir wëllen nach méi Pabeier spueren, an dat wëlle mir mat enger verbesserter digitaler Versioun erreechen"

D'Gemengenzeitung ass schonn zënter Joren a Pabeierform souwéi digital erhältlech. Den notzerfrëndleche PDF-Format gouf beim Redesign bäibehalen, allerdéngs sinn eng Rei Neierungen dobäikomm. Fir d'Lecture ze vereinfachen, wäerte vun all Gemengebuet dräi digital Versioune veröffentlecht ginn, eng op Lëtzebuergesch, eng op Franséisch an eng op Englesch. Et gouf bewosst drop verzicht, déi verschidde Sproochen an enger eenzeger Online-Versioun ze kombinéieren, fir de Liesfloss net ze ënnerbriechen. Donieft gouf d'Schrëftgréisst ugepasst, fir d'Liesbarkeet op klengen Ecranen ze verbesseren. Ausserdeem setzt den neie Layout verstäerkt op QR-Codë respektiv Hyperlinken, fir Presentatiounen, Fotogalerien oder Replay-Videoe vu Gemengerotssëtzunge méi an de Fokus ze réckelen. "Mir hoffen, mat dëse Moossnamen d'Lieserliefnis ze optiméieren, sou datt an Zukunft nach méi Awunner op den digitale Buet zeréckgräife wäerten a mir nach méi Pabeier spuere kënnen."

"D'Rubrik *Mënsche mat Geschichten* ass fir mech en Häerzensprojet"



**Hutt Dir Loscht, am Gemengebuet portraitéiert ze ginn?**

Dann zéckt net, Iech beim Service vun de Relations Publiques op relations.publiques@schuttrange.lu ze mellen. Mir freeën eis, Är Geschichten héieren a veröffentlechen ze dierfen!

De Begrëff „biergerno“ kritt am neie Gemengebuet eng ganz nei Bedeitung. “Ech hu scho laang vill Freed um Schreiwen, a meng Begeeschterung fir Mënschen an hir Schicksaler huet mech dozou motivéiert, en neit Kapitel anzeféieren”, esou d'Vicky Seibert-Jungbluth. Mënsche mat Geschichten erzielt perséinlech Geschichte vun Awunner, spannend Erliefnisser vu Veräinsmemberen a bitt en Abléck hannert d'Kulisse vum Aarbechtsalldag vum Gemengepersonal. Mat kuerzen, authentesche Portraite wäerten déi Mënschen zu Wuert kommen, déi eis Gemeng zu deem maachen, wat se ass: en Uert, wou Mënschen zesummekommen, sech géigesäiteg ënnerstëtzen an d'Liewen an der Gemeinschaft aktiv matgestalten.



# E LIEWE FIR D’KONSCHT

Mario Vandivinit • passionéierte Kënschtler

Verschidde Mënschen drécke mam Pinsel aus, woufir anerer Wierder brauchen. Fir de Mario Vandivinit aus Schraasseg war d’Konscht scho vu Kandheet un eng Form vu Kommunikatioun – eng Sprooch, déi hien net huet misse léieren, mee déi him an d’Wéi geluecht gouf. Hien huet fréi gemierkt, dass hie mat Faarwen a Formen ausdrécke konnt, wat him duerch de Kapp gaangen ass: Andréck, déi ze flüchteg sinn, fir se anzefänken, oder Gefiller, déi sech schwéier a Wierder faasse loossen.



## „Ech hu Konscht ëmmer als mäin Hobby gesinn"

Schonn als Primärschoulskand huet hie gär geschnëtzt a gemoolt – Mickey Mousen, Cowboyen an Indianer. Säi Schoulmeeschter huet seng Aarbechten nieft der Tafel opgehaangen, an am Club des Jeunes huet hie mat Bläistëftzeechnungen d’Wänn tapezéiert. „Ech sinn deemools scho gefërdert ginn an engem gewësse Sënn“, sou de Mario.

Wat als Hobby ugefaangen huet, krut méi spéit eng professionell Dimensioun. Dräi Joer laang huet hien un der renomméierter École ABC zu Paräis studéiert an duerno als Konschtproff am Lycée an an der Beruffsschoul geschafft. Elo an der Pensioun kann hie sech nees voll a ganz senge gréisste Leidenschafte widmen. Souwéi dem Goethe säi Faust kéint een och vum Mario behaapten, dass zwou Séilen a senger Broscht wunnen: Nieft der Konscht ass hien nämlech och musikalesch aktiv a spillt leidenschaftlech gär Piano, Gittar a fréier och Bass.



**Succès an de Galerien – vun der Stad bis op Paräis**

Seng éischt grouss Ausstellung hat de Mario Vandivinit an der Galerie Becker an der Stad mat Aquarellbiller. „Dat war e grousse Succès“, erënnert hie sech houfreg. Vun deem Moment un huet sech vill verännert: „Ech hu mir keng Gedanke méi misse maachen, fir eng Plaz ze fannen. Wann een eng Kéier an der Stad an enger Galerie war, da leeft dat.“ Dësen Duerchbroch war den Ufank vun enger laanger Serie vun Ausstellungen – ee bis zwee Mol am Joer, och ausserhalb vum Land, zu Metz an zu Paräis. Wéi vill Biller hien am Laf vun der Zäit gemoolt huet, kann hien net genee soen. Awer vu ronn 700 bis 800 Wierker huet hie Fotoe gemaach. „Ech si selwer erstaunt“, seet hie mat engem Schmunzelen am Gesiicht. „Ech war ëmmer fläisseg.”

## „Ech langweile mech net gär”

Ee vun den Haaptthemen a senge Konschtwierker sinn d’Landschaften. Dobäi geet et him net nëmmen ëm d’Plazen u sech, mee virun allem ëm d’Ambiance, déi se ausstralen. All Land, all Regioun huet seng eege Reizer, seng eege Faarwen an Impulser – an déi versicht hien an de Biller festzehalen. „Ech reese gär a genuch“, seet hien. „Wann ech zum Beispill am Mëttelmierraum sinn, inspiréiert mech dat.“ Wéi hien ugefaangen huet mat Aquarellzeechnungen, stoung seng Heemecht am Mëttelpunkt. Seng éischt Wierker hu Vuen aus der Stad an aus verschiddene Regiounen am Land gewisen. Besonnesch d’Landschaft ronderëm Schëtter huet hien eng Zäit laang intensiv beschäftegt. Ee vu senge bekanntste Biller hänkt nach haut am Sëtzungssall vun der Gemeng. Am allerléifsten huet hien d’Sir gemoolt – e Floss, deen duerch seng Dynamik a seng Faarfvillfalt e facettëräicht Motiv bitt. Nieft der Landschaft huet de Mario sech och mat de Mënschen auserneegesat. „Am Ufank hunn ech esouguer haaptsächlech Portraite gemoolt“, erënnert hie sech. Dobäi war et him wichteg, de Mënsch net tel quel duerzestellen, mee als Deel vun enger figurativer Kompositioun. Haut ass seng Aarbecht méi abstrakt ginn – mee och dat ka sech nees änneren.



„Dat wiesselt ëmmer erëm“, seet de Schraasseger. „Gott sei Dank, well ech langweile mech net gär.“ Zanter iwwer 15 Joer ass de Mario Vandivinit och als Sculpteur aktiv a schaaft Skulpturen an alle Gréissten – dorënner déi bekannt Figuren am Rond-Point zu Minsbech.

## „Wien haut mat der Molerei ufänkt, dee muss sech waarm undoen”

D'Konschtzeen zu Lëtzebuerg huet an de leschte Joerzéngten eng bemierkenswäert Entwécklung duerchgemaach, stellt de Mario fest. „Wéi ech ugefaangen hunn, goufen et just e puer Galerien am Land. Haut ass d'Konschtzeen immens aktiv.“ Mat där grousser Villfalt klëmmt natierlech och d'Konkurrenz, fënnt de Kënschtler, deen zanter bal engem hallwe Joerhonnert seng Wierker ausstellt. „Fréier waren et dräi bis véier Galerien, haut ass d'Stad voll.” Ob déi vill nei Moler och eng héich Leeschtung bréngen, bleift eng subjektiv Fro. „All Mënsch ass e Kënschtler“, hat de Joseph Beuys 1984 an engem Interview mam *Spiegel* gesot – eng Ausso, déi vill Interpretatiounsraum zouléisst. „Et ginn der, déi huelen dat vläicht ze wiertlech“, geckst de Mario Vandivinit. Schlussendlech ass Konscht ëmmer eng Affaire de goût.

A wéi geet de Mario mat Kritik ëm? „Kritik muss ee kënnen erdroen“, seet hien entspaant. Als erfuerene Moler huet hien iwwer d'Joren eng déck Haut entwéckelt. „Ech ka mech net bekloen.“





## „Ouni Konscht geet et net”

Ob de Mario Vandivinit jeemools d'Flemm mat der Molerei hat oder sech virgestallt huet, de Pinsel fir ëmmer néierzeleeën? Hie muss net laang nodenke fir ze äntweren: „Nimools. Ouni Molerei géing et net goen. An ouni Musek och net.“

Langweileg gëtt et dem pensionéierte Schraasseger also net. Am Géigendeel: Seng nächst grouss Ausstellung steet schonn an de Startlächer. An der Fondation Valentiny wäert hien zesumme mat anere Kënschtler seng neiste Wierker weisen – e weidert Kapitel a senger Konschtkarriär, déi nach laang net um Enn ass.

# FEIER A FLAM ZËNTER 1973

Alain Grohmann • President vun der Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter

Wann een an der Gemeng Schëtter iwwer d'Pompjeeë schwätzt, da kënnt ee ganz séier op den Numm Alain Grohmann. Zanter méi wéi 50 Joer ass hie scho mat Häerzblutt dobäi. Ugefaangen huet alles, wéi hien nach e Bouf war. „Mir waren e Stot doheem mat dräi Bouwen an zwee Meedercher. De Papp war an de Pompjeeën an do hunn d'Bouwen natierlech och missen dohinner. A Gal a Box mir waren net déi Éischt op der Plaz!", erënnert hie sech gutt. Wat als Familljentraditioun ugefaangen huet, ass séier e feste Bestanddeel vu sengem Liewe ginn. Seng Roll bei de Pompjeeën huet sech iwwert d'Joren entwéckelt: vum fräiwëllege Pompjee zum Kommandant, an elo, zanter ronn 8 Joer, President vun der Amicale Pompjeeë Minsbech-Schëtter.




## Zwee Corpsen, eng Geschicht

An der Gemeng Schëtterhusechëm 1900/1901 zwee Pompjeescorpse forméiert: een zu Schëtter, deen aneren zu Minsbech. Laut Erzielunge war net d'Organisatioun den Ausléiser, mee eng perséinlech Differenz tëscht zwee Schwoeren, déi dozou gefouert huet, dass jidderee säin eegene Corps gegrënnt huet. 1993 si béid Corpsen zesummegeluecht ginn – e symbolesch wichtege Moment, dee bal 100 Joer op sech waarde gelooss huet. Zanterhier heesche se "Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter".

„Mir sinn eng grouss Pompjeesfamill"

Am selwechte Joer gouf och d'Amicale gegrënnt, déi wäit méi wéi just e Veräin ass, erklärt den Alain Grohmann, mëttlerweil pensionéierte Schweesser. D'Amicale, déi ronn 50 Memberen zielt, steet fir Engagement a Kamerodschaft.

Hiert Haaptzil ass et, d'Jugendpompjeeën an d'Pompjeeën am aktiven Déngscht finanziell ze ënnerstëtzen – wéi z. B. fir e gemeinsame Grillowend, oder en Ausfluch, jee nom sozialen Aspekt. Dës Aktivitéiten droen dozou bäi, den Zesummenhalt bannent dem Corps ze stäerken.

D'Pompjeesfamill kennt keng geografesch Grenzen. Och ausserhalb vum Grand-Duché gëtt d'Kamerodschaft gelieft, ënnersträicht den Alain, dee selwer schonn un zwou Pompjeesolympiaden am traditionelle Wettbewerb deelgeholl huet.
Besonnesch mat Düppenweiler huet sech iwwer d'Joren eng aussergewéinlech Frëndschaft entwéckelt. "Et ass ëmmer en Hin an Hier", erkläert hien. "Si komme bei eis, mir gi bei si, zwee bis dreimol am Joer. Et ass all Kéiers immens schéin. Dat ass eng Partnerschaft, déi elo scho méi ewéi 25 Joer besteet."

Wéi vill aner Veräiner steet och d'Amicale virun der Erausfuerderung, nei Memberen ze fannen, déi sech aktiv bedeelegen. E Veräinsmember ze sinn, bedeit net just um Pabeier ze stoen, mee och eng Hand mat unzepaken. „Et gëtt ëmmer méi schwéier, déi Jonk ze begeeschteren. Et ass schued, et ass eppes, dat verluer geet", bedauert den Alain Grohmann. Fir hien ass Opginn awer keng Optioun: „Soulaang mir nach do sinn, fuere mir virun."

## Erënnerunge bleiwen

No sou ville Joren an de Pompjeeën huet hie villes gesinn: Autosaccidenter, Bränn, Beem an de Stroossen, Villercher am Kamäin – an natierlech Kazen a mëssleche Situatiounen. Un een Asaz erënnert hie sech besonnesch gär: „Mir si geruff ginn hei zu Schëtter wéinst enger Kaz um Daach. A mir sinn dann op d'Plaz gefuer. A wou mir d'Leeder ugestallt haten, ass d'Kaz d'Leeder selwer erofgeklommen."

Nieft deene lëschtegen Asätz ginn et och déi, déi Spueren hannerloossen. D'Pompjeeën Minsbech-Schëtter ware bei enger Partie tragesche Virfäll am Asaz, dorënner de Fligeraccident 2002 zu Nidderaanwen, bei deem 20 Mënschen hiert Liewe verluer hunn. Biller, déi d'Secouristen ni wäerte vergiessen. Sou geet et dem Alain och bei engem Asaz op der Autobunn um Sennengerbierg: „Eng héichschwanger Fra ass 2012 oder 2013 hei verongléckt. Béid haten et leider net gepackt."



Dës Asätz weisen, wéi vill emotional Kraaft et erfuerdert, fir e Pompjee ze sinn – sech ëmmer nees zesummenzerappen a weiderzemaachen, well d'Matbierger op een zielen.

### 125 Joer Pompjeeën Minsbech-Schëtter

D'Amicale organiséiert gär Fester – an de 125. Gebuertsdag vun de Pompjeeën Minsbech-Schëtter war eng ideal Geleeënheet, fir zesummen ze feieren an op déi lescht Joerzéngten zeréckzekucken. Pompjeesfrënn aus Lëtzebuerg an dem Ausland hunn Enn Juli de Wee op de Campus "an der Dällt" fonnt, wou aalt Pompjeesmaterial, vill Erënnerungsstécker an historesch Gefierer ausgestallt goufen. Zum Beispill „den éischte Camion, dee mir hatten – en 911 Mercedes. Mat 2400 Liter Waasser an 100 Liter Schaum. Mat deem si mir bal 25 Joer gefuer. Hei si ganz vill Erënnerungen drun. Mir hunn e vill Mol ëmgebaut, e fir eis méi logesch opgebaut. Et ass e schéint Stéck gewiescht."

Donieft goufen d'Verdéngschter vun engagéierte Membere mat Éieremedaile gewierdegt. De Claude Marson krut d'sëlwer Medail fir international Frëndschaft, den Alain Grohmann déi bronze Medail. „Ech war iwwerrascht, muss ech soen – ech hat guer net domat gerechent", gesteet de President vun der Amicale.




„Et ass ganz wichteg, dass een e Feierläscher op der Plaz huet"

D'Visiteuren haten iwwerdeems d'Méiglechkeet, hir Feierläscher kontrolléieren ze loossen – eng Aktioun, déi d'Amicale nees an d'Liewe geruff huet an eemol am Joer ubitt. Eng gutt Geleeënheet, fir drun ze erënneren, wéi wichteg et ass, en intakte Feierläscher doheem ze hunn, well am Noutfall zielt all Sekonn.




Op d'Fro, ob d'Pompjeeën eng Kéier bei engem vu sengen Eventer hu missen intervenéieren, well et gebrannt huet, huet den Alain mat Nee geäntwert.

Bis elo wier et him nach ëmmer gelongen, d'Situatioun ënner Kontroll ze kréien. „Mir maache jo ëmmer Champignone mat gebootsche Gromperen hei um Chrëschtmaart", erzielt hie mat engem Grinsen am Gesiicht. „Ech war hei ënnen [am Pompjeesbau] an der Kichen an hu gekacht. An hei bannen hu mir e Rauchmelder hänken. Ech hat guer net méi un dee geduecht. Natierlech, wann ee kacht, da gëtt et Damp. D'Hott hat et net gepackt - well do hate mir nach eng aner Hott do hänken - an dunn ass hei alles héich gaangen. Mee Gott sei Dank wousst ech, wéi d'Rauchmelderzentral géing ausgemaach ginn."

Eng kleng Pann, vill Damp, awer kee Feier – den Alain huet d'Situatioun souverän gemeeschtert, souwuel als Pompjee wéi als Kach!





07.06

# OPEN AIR KINO


De 7. Juni 2025 huet d'Jugendkommissioun op hir zweet Editioun vum Open Air Kino agelueden. Eng flott Geleeënheet, fir mat der Famill oder Frënn e gemittleche Filmowend um Campus an der Dällt ze verbréngen. Um Programm stoungen zwou Lëtzebuerger Produktiounen: „D'Schatzritter an d'Geheimnis vum Melusina" a „Superjhemp Retörns". D'Evenement gouf als „Green Event" organiséiert, also mat engem besonnesche Fokus op Ëmweltfrëndlechkeet. Sou gouf ë.a. op Eewee-Geschier a Plastik verzicht a virun allem regionaalt a biologescht lessen a Gedrénks ugebueden.





GREEN. EVENTS

14.06



# FÊTE DE LA MUSIQUE

D'Fête de la Musique huet och dëst Joer nees op verschiddene Plazen uechter d'Gemeng fir eng super Ambiance gesuergt. Den Optakt hunn d'Schëtter Jongbléiser de 14. Juni 2025 mat engem flotte Concert um Schëtter Maart gemaach. Duerno stoung eng Piano-Auditioun vun der UGDA souwéi en Optrëtt vun "Hands on Mars" and "Destiny Flexboy" um Programm. Den zweeten Deel vun der Fête de la Musique gouf de 17. Juni an der Schëtter Kierch organiséiert, wou de Sträichquartett "Papillon" d'Spectateure begeeschtert huet.

Villmools Merci der Kulturkommissioun an alle bedeelegte Persounen, déi dëst Evenement op d'Bee gestallt hunn.







14.06



# SCHËTTER MAART

De 14. Juni 2025 gouf um Schëtter Maart fir musikalesch Stëmmung gesuergt. Wärenddeem d'Visiteuren iwwert de Maart getréppelt sinn, hunn d'Schëtter Jongbléiser ënnert der Direktioun vum Romain Kerschen e flotte Concert Apéro gespillt.

Donieft gouf eng grouss Auswiel u frëschen, regionalen a selwergemaachte Produiten ugebueden.








14.06



# NUIT DU SPORT 2025

E Samschdeg, de 14. Juni 2025, huet sech um Campus an der Dällt nees alles ronderëm de Sport gedréit. Wéi schonn an der Vergaangenheet gouf d'Nuit du Sport vun der Gemeng Schëtter zesumme mat de lokale Veräiner an der Ënnerstëtzung vun der Sport- a Fräizäitkommissioun souwéi der Familljekommissioun organiséiert. Zil war et, Kleng a Grouss d'Méiglechkeet ze bidden, nei Sportaarte kennenzeléieren a Freed u kierperlechen Aktivitéiten an engem gesonde Liewensstil ze fannen. Iwwer 200 Visiteure si bei dëser Editioun zesummekomm an hunn eng breet Pallett u Sportaarte gebuede kritt - vu Bouschéissen iwwer Cricket a Muay Thai bis Danzen. Net manner wéi 16 verschidde Sportaarte stoungen dëst Joer um Programm.

E grousse Merci un all d'Veräiner, d'Organisateuren an déi vill Fräiwëlleger, déi dëst Event erméiglecht hunn!










14.06



# 35 JOER GEMENGE-PARTNERSCHAFT

Dëst Joer feiere mir 35 Joer Jumelage mat eiser däitscher Partnergemeng Siegelsbach. Fir d'Bezéiungen ze verdéiwen, gouf den 22. Juni 2025 e Workshop hei zu Schëtter organiséiert. Zil war et, sech (nach) besser kennenzeléieren, d'Partnerschaft tëscht béide Gemengen ze stäerken a gemeinsam Prioritéite fir déi zukünfteg Zesummenaarbecht ze definéieren. Politiker, Vertrieder aus ënnerschiddleche Kommissiounen a Veräiner souwéi Representanten aus dem schoulesche Beräich hunn dobäi diskutéiert, wéi ee virun allem d'Zesummenaarbecht an de Beräicher Kommunikatioun, Jugend an Austausch verbessere kéint. Dobäi gouf ënnert anerem festgehalen, de Schüleraustausch ze vereinfachen, reegelméisseg iwwert d'Aktualitéiten an d'Evenementer vun der jeeweileger Partnergemeng ze informéieren, sech géigesäiteg bei Fester ze ënnerstëtzen an déi perséinlech Kontakter, déi een iwwert d'Jore geknäppt huet, ze verdéiwen.




No engem konstruktive Workshop stoung eng geféiert Visitt vun der Gemeng Schëtter um Programm. Ugefaange mat der Ouverture vun der LUGA an der Roseraie vum Minsber Schlass, wou 2015 d'Rous vun der Frëndschaft zu Éiere vun der Gemengepartnerschaft geplatzt gouf.

E weidere Programmpunkt war d'Visitt vum "Native Village" um Neihaischen – eng Plaz, déi d'Kultur an d'Liewensweis vun de Kelten op eng authentesch Manéier vermëttelt a virun allem fir pädagogesch Zwecker genotzt gëtt. Vun do aus goung et an d'Rue de Siegelsbach bei de Gemeinschafts- a Schrebergaart "De klenge Kéiseker", éier den Tour op Iwwersiren bei d'Zuuchtanlag vum Klengdéierveräin geféiert huet. Hei kruten eis Gäscht en interessanten Abléck an d'Aarbecht vum Veräin, dee sech fir d'Wuel vu klengen Déieren asetzt an eng wichteg Roll mat Bléck op d'Zesummeliewen an der Gemeng spillt. D'Anlag gëllt als wichtegen Treffpunkt fir d'Awunner a färdert aktiv den intergenerationellen Austausch.



Ausserdeem goufen e puer wichteg Infrastrukturprojete gewisen, déi fir d'Entwécklung vun der Gemeng relevant sinn: dorënner de Campus an der Dällt, dee virun engem groussen Ausbau steet, souwéi e puer nohalteg Wunnprojeten der Rue des Jardins, Rue de la Montage an an der Schlassgewan.





Den Nationalfeierdag den Dag drop war den idealen Ofschloss fir dës flott Erfarung, wou eis Gäscht aus Siegelsbach zesumme mat den Awunner aus eiser Gemeng gefeiert hunn. Déi frëndschaftlech Atmosphär an déi vill konstruktiv Iddien hu gewisen, wéi wichteg den europäesche Gedanken ass an dass eis d'Grenzen net trennen, mee verbannen. Wa mir zesummeschaffen, kënne mir vill gemeinsam erreechen!












23.06



# NATIONAL-FEIERDAG

D'Feierlechkeete ronderëm Nationalfeierdag waren och dëst Joer eng wonnerbar Geleeënheet fir eis Awunner, fir sech besser kennenzeléieren, kulinaresch Spezialitéiten aus verschiddene Länner ze schmaachen an zesummen an enger entspaanter Ambiance ze feieren.

D'groussherzoglech Famill huet sech an den däischtersten Zäite fir d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg agesat. Hinnen hu mir et ze verdanken, dass mir haut a Fräiheet liewen. Als Ausdrock vu grousser Dankbarkeet a Stolz gëtt all Joer den 23. Juni de Gebuertsdag vum Grand-Duc gefeiert – dëst Joer allerdéngs eng leschte Kéier mam Grand-Duc Henri um Troun. Säi Jong, den Ierfgroussherzog Guillaume, wäert den 3. Oktober 2025 d'Successioun iwwerhuelen an eist Land sécher mat där selwechter Passioun a Rigueur féieren.

Wéi all Joer stoungen den Te Deum an der Schëtter Kierch an de feierleche Cortège bis op de Campus an der Dällt um Programm. A senger offizieller Usprooch ass de Buergermeeschter Claude Marson op aktuell politesch Erausfuerderungen agaangen a huet dobäi d'Wichtegkeet vum europäesche Gedanke betount – zesummen amplaz géinteneen, hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa. An deem Kontext huet hien och de Gäscht aus eiser Partnergemeng Siegelsbach fir déi gutt Zesummenaarbecht an dat géigesäitegt Vertraue Merci gesot.









35 Joer Jumelage – e wichtege Jubiläum, deen déi fréndschaftlech Relatiounen tëscht béide Gemengen nach weider verdéiwe soll. A senger Ried huet de Buergermeeschter och wichteg lokal a global Themen ugeschwat: de Manktem u Wunnraum, de klammenden Aarmutsrisiko, d'Chancëgläichheet an de Klimawandel – Erausfuerderungen, déi d'Gemeng och an Zukunft mat héchster Prioritéit ugoe wäert.

E feste Bestanddeel vun de Feierlechkeeten um Nationalfeierdag ass d'Éierung vu verdéngschtvolle Veräinsmemberen. Am Numm vun der Gemeng huet de Buergermeeschter Medailen a Spéngelen un engagéiert Museker a Pompjeeë verdeelt – eng symbolesch Unerkennung fir hiren onbezuelbaren Asaz am Déngscht vun eiser Gemeinschaft. Dës Momenter goufe musikalesch vun der Schëtter Musek an dem Schëtter Gesank begleet.








Eng speziell Éierung gouf et zum Schluss fir de Jean-Pierre Kauffmann, deen no 43 Joer am Schëtter Gemengerot a seng wuelverdéngte politesch Pensioun gaangen ass.

E grousse Merci geet un all déi, déi un dësem schéinen Dag deelgeholl an dozou bäidroen hunn, dass Schëtter eng Gemeng ass a bleift, wou jidderee wëllkomm ass a jiddereen déi selwecht Chancen a Perspektiven huet.

GREEN, EVENTS





01.07



# DIPLOMIWWER-REECHUNG

Den 1. Juli 2025 hat de Schäfferot op déi offiziell Diplomiwwerreechung vun de Lëtzebuergeschcoursen invitéiert. Fir d'akademescht Schouljoer 2024/2025 hate sech 52 Persounen an de Coursë vum Pierrette Engel-Wolff a Sylvie Bies-Rock ageschriwwen. Wärend enger feierlecher Zeremonie kruten 52 Leit hiren Diplom iwwerreecht, dee si sech duerch vill Fläiss an eng Presenz vun iwwer 70% verdéngt hunn. De Schäfferot huet iwwerdeems vun der Geleeënheet profitéiert, och béide Lëtzebuergeschproffe Merci ze soen. D'Lëtzebuerger Sprooch spillt eng wichteg Roll an der Integratioun an d'Madammen Engel-Wolff a Bies-Rock droe mat hirer Aarbecht dozou bäi, dat interkulturellt Zesummeliewen an eiser Gemeng ze förderen.





14.06

# SCHECKIWWER-REECHUNG




De "Schëtter Kulinaria" war och dëst Joer nees e groussen Erfolleg – an dat hate mir deene sëllege Fräiwëllegen ze verdanken, déi vill Léift an Zäit an d'Zoubereedung vun hire Plate gestach hunn. Op 14 ënnerschiddleche Stänn konnten d'Visiteuren op eng kulinaresch Weltrees goen, bei där fir all Goût eppes dobäi war. D'Recetten, déi am Kader vun de Feierlechkeeten op Nationalfeierdag erakomm sinn, ginn integral fir de gudden Zweck gespent.

Duerch den Asaz vun eisen Awunner konnten de 16. Juli 2025 Schecken an Héicht vu jeeweils 1525€ u follgend Associatiounen iwwerreecht ginn, déi vun de kulinaresche Gruppe proposéiert goufen:

- **"Schëtter Hëllef"** ass e Grupp vu Fräiwëllegen, dee sech ëm Leit an Nout këmmert. Den Ament ënnerstëtze si ukrainesch Flüchtlingen op verschiddenen Niveauen, sief et mat Material, Informatiounen oder administrativer Hëllef.

- **"ELA Luxembourg"** setzt sech dofir an, iwwert déi rar Krankheet Leucodystrophie ze sensibiliséieren, d'Fuerschung an dësem Beräich ze fërderen an déi betraffe Familljen z'ënnerstëtzen.

- **„Darkness Into Light Luxembourg"** ass Deel vun enger weltwäiter Initiativ, déi e méi staarkt Bewosstsi fir Suizid a Selbstverletzung schafe wëll an déi concernéiert Persounen an den däischtersten Zäiten ënnerstëtzt.



- **“Luxembourg Allergy Network”** ass eng Patientenorganisatioun, déi iwwer Allergië sensibiliséiert a betraffe Persoune mat Allergien ënnerstëtzt, andeems e Bewosstsi fir Allergië geschaaft gëtt an d’Inklusioun vu concernéierte Persounen an hirem Aarbechtsëmfeld geférdert gëtt.
- **“AryaLux (Association des femmes)”** huet sech als Zil gesat, d’Rechter vu Fraen ze promouvéieren a besser Zukunftsperspektive fir weiblech Flüchtlingen zu Lëtzebuerg souwéi an Entwécklungslänner ze schafen.

Hutt Dir Loscht, nächst Joer Deel vu “Schëtter Kulinaria” ze ginn an Är national oder international Spezialitéiten unzebidden?

**Da kontaktéiert eis op relations.publiques@schuttrange.lu.**

# 01.06 MÄRCHENTOUR





Org. Fraen a Mammen Schëtter

# 02.06 – 08.06 ZIRKUS ZU SCHËTTER



Org. Cirque Palace

08.06

# MAMMENDAGSFEIER






Org. Gaart an Heem Schëtter

08.06

# OPPE GAARDEPÄERTCHEN








Org. Lëtzebuerger Rousefrënn ASBL

# 11.06 FEST VUN DER FRËNDSCHAFT









Org. Centre pour le développement socio-émotionnel

22.06 - 29.06

# ROUSEWOCH









Org. Lëtzebuerger Rousefrënn ASBL

28.06

# AUSFLUCH AN DE FREILICHT MUSEUM KOMMERN








Org. Fotoclub Schëtter

28.06

# HÄMMELSMARSCH



Org. Schëtter Musek

# 28.06 ROUSENDAF "EUROPA DONNA"







Org. Lëtzebuerger Rousefrënn ASBL

# 29.06 TEATIME SCONES AND MORE





Org. Lëtzebuerger Rousefrënn ASBL

05.07

# SUMMERFEST UM NEIHAISCHEN





Org. Amicale Neihaischen

06.07

# GRILLFEST





Org. Les Castors

08.07

# AMIPERAS GRILLFEST









Org. Amiperas

11.07

# SANGRIA-PARTY







Org. Club des Jeunes Schëtter

20.07

# PORTE OUVERTE VUM KLENGDÉIEREVERÄIN





Org. Cercle Avicole Schuttrange

# 25.07 - 27.07 MINSBECH ON FIRE
















Org. Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter

## Adventsmaart
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Fraen a Mammen Schëtter*
30.11.2025 14:00

## Kleeschen an der Schoul
Hall des sports 2 - Campus "an der Dällt"
*org. Schoul an der Dällt & Association des parents d'élèves de Schuttrange*
05.12.2025 15:00

## Fairytale Cup 2025
Hall des sports 1 - Campus "an der Dällt"
*org. Rythmica Lux Schuttrange*
06.12.2025 09:00

## Chrëschtconcert
Eglise paroissiale · Schuttrange
*org. Schëtter Gesank*
07.12.2025 16:30

## Gemengerotssëtzung
Salle du Conseil Communal
*org. Commune de Schuttrange*
10.12.2025 17:00

## Schëtter Chrëschtmaart
Place de l'Eglise · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
12.12. - 14.12.2025

## Klengdéierenausstellung
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Cercle Avicole Schuttrange*
13. - 14.12.2025 10:00

## Schëtter Maart
Place de l'Eglise · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
13.12.2025 09:00

## Concert spirituel
Eglise paroissiale · Schuttrange
*org. Schëtter Musek*
14.12.2025 16:30

## Kanner-Fussball-Turnoi
Hall des sports 1 · Campus "an der Dällt"
*org. FC Munsbach*
20.12. - 21.12.2025

## Kanner-Fussball-Turnoi
Hall des sports 1 · Campus "an der Dällt"
*org. FC Munsbach*
03.01. - 04.01.2026

## Schëtter Maart
Place de l'Eglise · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
10.01.2026 09:00

## UGDA-Auditioun
Hall des sports 2 · Campus "an der Dällt"
*org. Musekschoul Syrdall*
11.01.2026 14:30

## Mullesonndeg
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. FC Munsbach*
18.01.2026 11:30

## Theateropféierung
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**24.01.2026** **20:00**

## Theateropféierung
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**30.01.2026** **20:00**

## Theateropféierung
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**25.01.2026** **16:00**

## Theateropféierung
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Theaterfrënn*
**31.01.2026** **20:00**

## Gemengerotssëtzung
Salle du Conseil Communal
*org. Commune de Schuttrange*
**28.01.2026** **17:00**

**Weider Informatiounen an eisem Eventblock.**



# SËTZUNG VUM GEMENGEROT

## 04.06.2025

**PRESENT:**

Claude Marson,
***Buergermeeschter***

Serge Eicher,
***Schäffen***

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Jean-Pierre Kauffmann, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch,
***Conseilleren***

Alain Dohn,
***Gemengesekretär***

**ENTSCHËLLEGT:**

Jules Sauber,
***Conseiller***

**PROCURATIOUN:**

Jules Sauber ▸ Serge Thein

**Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.**

@Gemeng_Schetter

YouTube

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 6. Sëtzung vum Gemengerot vum Joer 2025, déi ausnamsweis um 8 Auer stattfënnt wéinst de Propositioune fir d'Ëmklasséierung vu verschiddenen Enseignanten an Enseignanteën am Grondschoulunterrecht, iwwer déi de Gemengerot muss entscheeden.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER an deelt mat, datt den Här SAUBER dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem deelt den Här Buergermeeschter mat, datt de Vote public vun dëser Sëtzung mam Conseiller Jean-Pierre KAUFFMANN ufänke wäert.

Den Här Buergermeeschter informéiert och, datt d'Informatiounen iwwert vergaangen an zukünfteg Evenementer op déi nächst Sëtzung vum Gemengerot verluecht ginn.

---

## 1. URBANISMUS

### 1.1. Punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter iwwer d'Klasséierung vu verschiddene Parzellen zu Minsbech, lieu-dit "Op dem Landtrausch", an eng Zone BEP – Saisie vum Gemengerot an Decisioun, keng Ëmwelt Etude duerchzeféieren

Konform dem Règlement grand-ducal vum 21. Mee 2025, dat de Règlement grand-ducal modifié vum 17. Mee 2006 ännert, dat de Plan d'occupation du sol "Aéroport

en environs" obligatoresch mécht, gëtt virun allem eng Harmoniséierung vun den aktuellen territoriale Planungsinstrumenter duerchgefouert, andeems d'Exklusioun vu Flächen am POS stattfënnt, déi gläichzäiteg an der regionaler wirtschaftlecher Aktivitéitszon "Niederanven/ Schuttrange" am Kader vum PSZAE zonéiert sinn.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, déi punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement général (PAG) vun der Gemeng Schëtter unzehuelen. Dës Adaptatioun betrëfft verschidde Punkten:

- Ännerung vum Perimeter vum PAG no der Upassung vum Plan d'occupation du sol "Aéroport et environs" (POS), mat notamment:
    - der partieller Suppressioun vun Zonen, déi aktuell an enger "Zone de bâtiments et équipements publics à plusieurs étages" (POS – BEP) an an enger "Zone rurale" (POS – RUR) klasséiert sinn;
    - der partieller Reklasséierung an eng "Zone de bâtiments et équipements publics" (BEP).
- Schafung vun enger Servitude d'urbanisation vum Typ "Zone tampon" [ZT] laanscht der westlecher Grenz vun der BEP-Zon, mat der Integratioun vun enger entspriechender Definitioun an de schrëftlechen Deel vum PAG;
- Identifikatioun vu verschiddenen onbebauten Zonen als "Habitats d'espèces protégées", konform der Gesetzgebung iwwer den Naturschutz an natierlech Ressourcen;
- Upassung vun de Fiches techniques (FT) fir 15 "Zones d'aménagement particulier" (PAP-NQ), fir Elementer zum Klimaschutz, nohalteger Ressourcë-Gestioun an der Präventioun vun natierleche Risiken (staarke Reen, Hëtztinselen, asw.) anzebannen.

## 2. GEMENGEFINANZEN

### 2.1. Approbatioun vum Stand vun den nach ze realiséierende Recetten um Schluss vum Exercice 2024

Den 28. Mee 2025 huet de Receveur communal de Stand vun den nach ze realiséierende Recetten um Schluss vum Exercice 2024 festgeluecht an de Gemengerot, nodeems d'Observatioune vun e puer Conseillere gehéiert goufen, decidéiert eestëmmeg:

- unzehuelen:

| | | SERVICE ORDINAIRE | SERVICE EXTRAORDINAIRE |
|---|---|---|---|
| als Reprises provisoires | 165.162,02€ | 48.489,52€ | 116.672,50€ |
| als Dechargen | 3.065,02€ | 3.065,02€ | |
| **Total** | **168.227,04€** | **51.554,54€** | **116.672,50€** |

- dem Schäfferot d'Erlabnis ze ginn fir, am Fall vun der Noutwendegkeet, géint Debiteure juristesch Moossnamen ze ergräifen.

## 3. CONSULTATIV KOMMISSIOUNEN

### 3.1. Remplacement vu Memberen an de consultative Kommissioune vun der Gemeng

Nom Fräigi vu verschiddene Plaze bannent de consultative Kommissiounen huet de Gemengerot follgend Remplacementer gemaach:

- **Kommissioun fir kulturell Affären** De Gemengerot huet eestëmmeg d'Madamm Brigitte Ley, mat Wunnsëtz zu Minsbech, ernannt, fir déi verstuerwe Madamm Liliane Ries-Leyder an der Kommissioun fir kulturell Affären ze ersetzen, dëst op Virschlag vun der Demokratescher Partei – DP.

- **Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen** Nom Doud vun der Madamm Liliane Ries-Leyder an der Demissioun vun der Madamm Anne Thill waren zwou Plazen ze besetzen.

Een Appel à candidatures gouf tëscht dem 15. Abrëll an dem 31. Mee 2025 lancéiert, an et goufe véier Kandidature registréiert. No engem geheime Vote huet de Gemengerot follgend Persounen ernannt:

- Madamm Cynthia Kombe, mat Wunnsëtz zu Schraasseg;

- Madamm Merima Spahic Kupidura, mat Wunnsëtz zu Schëtter.

## 4. NOTARIELL AKTEN, COMPROMIS DE VENTE A VIRKAFSRECHT

### 4.1. Approbatioun vun engem Compromis de vente am Bezuch op Flächen um Neihaischen, Sektioun B vu Minsbech, lieu-dit „Auf dem Bartelsberg"

De Gemengerot huet d'Erklärunge vum Schäfferot gelauschtert a matkritt, dass de Virschlag fir den Terrain ze kafen, een Deel vum Projet vun

der Neigestaltung vum Waasserreservoir um Neihaischen ass. Dëse Projet zielt drop of, d'Waasserversuergung vun der Gemeng ze moderniséieren a méi sécher ze maachen, andeems eng besser Späicherkapazitéit an eng Infrastruktur, déi de gesetzlechen Normen entsprécht, garantéiert gëtt.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Compromis de vente, deen den 19. Mäerz 2025 ënnerschriwwe gouf, ze approuvéieren, an dëst fir de Kaf vum follgenden Terrain zum Präis vun 105.480,00€:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | B vu Minsbech |
| **Kadaster-nummer** | 1513/3990 |
| **Lieu-dit** | Auf de Bartelsberg |
| **Natur** | Akerland |
| **Fläch** | 35,16 Ar |

## 5. SCHRËFTLECH FROE VUN DE GEMENGE-CONSEILLEREN

Keng.

## 6. FROE VUM PUBLIC

Keng.

# SËTZUNG VUM GEMENGEROT

## 25.06.2025

**PRESENT:**

Claude Marson,
***Buergermeeschter***

Serge Eicher,
***Schäffen***

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Jean-Pierre Kauffmann, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch,
***Conseilleren***

Ranjit Neuman,
***Gemengesekretär, ff.***

**ENTSCHËLLEGT:**

Jules Sauber,
***Conseiller***

**PROCURATIOUN:**

Jules Sauber ▸ Serge Thein

**Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.**

@Gemeng_Schetter

YouTube

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zur 7. Sitzung vum Gemengerot am Joer 2025.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER an deelt mat, dass den Här SAUBER dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem informéiert de Buergermeeschter, dass d'ëffentlech Ofstëmmung vun der haiteger Sitzung mam Conseiller Jules SAUBER ufänke wäert.

Duerno deelt den Här Buergermeeschter mat, wéi eng Evenementer zënter der leschter Sitzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Wat d'Fête des Voisins 2025 ugeet, hu sech vill Leit gemellt, fir een Treffen tëschent Noperen ze organiséieren. D'Gemeng mécht schonn zënter Jore mat bei dëser schéiner Initiativ, déi d'Zil huet, d'Zefriddenheet an de sozialen Zesummenhalt an der Noperschaft ze stäerken. D'Gemeng hat d'Stroosse geséchert an Dreckskëschten zur Verfügung gestallt. Bänken an Dëscher goufen iwwer den Depositaire geliwwert. All Käschte goufe vollstänneg vun der Gemeng iwwerholl;
- De Weekend vum 24. a 25. Mee hunn d'"Classic Days" um Schoulcampus stattfonnt. Nieft enger Ausstellung vun alen Autoen an Traktere goufen och vill Animatiounen ugebueden. Bei dëser Geleeënheet huet den Organisateur zwee Schecke fir gutt Zwecker iwwerreecht;

- Samschdes ass een Deel vun der Vëloscourse "Schleck Gran Fondo" duerch eis Gemeng gefuer;

- Sonndes moies, de 25. Mee, huet d'politesch Partei "Déi Gréng" e Spadséiergang iwwer d'Studie vu Villercher organiséiert;

- Dënschdes, de 27. Mee, huet d'Schëtter Musek e Concert op der Plëss an der Stad gespillt, a sonndes, den 1. Juni, huet d'Associatioun "Fraen a Mammen Schëtter" e Märchentour mat verschiddenen Aktivitéiten um Bauerenhaff "A Schmatten" zu Al-Schëtter organiséiert;

- De Weekend vum 6. bis 8. Juni goufen zwou Generalversammlungen ofgehalen: déi vun de "Schëtter Theaterfrënn" freides owes an déi vum "Tennis Club Schëtter" samschdes moies;

- Samschdes, de 7. Juni, huet d'Jugendkommissioun een Open Air Kino am groussen Zelt um Schoulcampus zu Minsbech organiséiert. Zwee Filmer goufe gewisen: Schatzritter und das Geheimnis von Melusina an Superjhemp Retörns. De Buergermeeschter seet der Jugendkommissioun e grousse Merci fir hir Aarbecht an déi gutt Organisatioun;

- Sonndes, den 8. Juni, huet d'Associatioun "Gaart an Heem Schëtter" op hir Mammendagsfeier invitéiert. No engem klenge Cortège an enger Mass gouf de Moie mat engem Aperitif am Schëtter Treff ofgeschloss. De ganzen Dag iwwer huet och d'Evenement "Oppe Gaardepäertche meets Rendez-vous aux jardins" an der Roseraie beim Minsber Schlass stattfonnt;

- Mëttwochs, den 11. Juni, war d'"Fête de l'amitié" am Park vum Minsber Schlass. Mat der Ënnerstëtzung vum Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel (CDSE) goufen eng Rëtsch Aktivitéite souwéi Verkafsstänn vun de Schoulklassen an de Mataarbechter ugebueden. D'Recettë goufen u Sakhi Trust (Ënnerstëtzung vu jonke Leit a Fraen am Süde vun Indien) an Trauerwee a.s.b.l. gespent;

- De Weekend vum 13. bis 15. Juni hunn eng ganz Rëtsch Evenementer an Aktivitéiten an eiser Gemeng stattfonnt. Start war e Freideg den Owend mat der Generalversammlung vun der Amicale Neihaischen am Haus Sand;

- Samschdes moies war rëm Schëtter Maart mat engem flotte Concert vun de "Schëtter Jongbléiser" um 11 Auer. Dat war den Optakt vun der Fête de la Musique mat zwee weidere Concerten am Festzelt um Schoulcampus: enger Pianovirféierung vun der UGDA-Museksschoul an owes dem Concert vu Destiny Flexboy an Hands on Mars;

- Samschdes ab 16 Auer war och rëm déi järlech Nuit du Sport. Bis 22 Auer gouf eng grouss Diversitéit u sportlechen Aktivitéiten ugebueden: Zumba, Badminton,

Aarmdrécken, Bouschéissen a Fechten an nach vill aneres. Et konnt een och Parcoursen an Dueller maachen. Op alle Fall war d'Nuit du Sport gutt besicht a weist sech als schéi Vitrinn fir de Sport, mat Aktivitéite fir all Alter;

- Fir d'Fête de la Musique 2025 ofzeschléissen, gouf een Owesconcert vum Sträichquartett Papillon dënschdes, de 17. Juni, um 19 Auer an der Schëtter Kierch gespillt. Och Vertriedder vun Nexus an Luxexpo waren do, sou wéi déi Haaptverantwortlech fir Handel an Investissementer vum Lëtzebuerger Konsulat zu Shanghai, begleet vun der Madame Senior Adviser fir international Ugeleeënheete vun der Chambre de Commerce;

- Sonndes, den 22. Juni, an der Presenz vum Schäfferot an enger Delegatioun vun eiser Partnergemeng Siegelsbach war dann déi offiziell Aweiung vun der "Semaine de la Rose" an der Roseraie vum Minsber Schlass. D'"Semaine de la Rose" leeft nach bis den 29. Juni;

- Am Kader vun de 35 Joer Frëndschaft mat der Partnergemeng Siegelsbach gouf e Workshop Sonndes moies am Gemengerotssall ofgehalen. A verschiddenen Ateliere goufen Iddien zur Zukunft vun dëser Partnerschaft ausgeschafft. Et koume vill flott Usätz dobäi eraus, wéi een dës Frëndschaft nach méi liewe kéint. Nei Technologië kéinten dobäi eng wichteg Roll spillen. Dës Iddie ginn elo nach weider entwéckelt. D'Zil ass, datt och d'Bierger méi vun dëser Partnerschaft profitéiere kënnen a se méi aktiv materliewen. Nomëttes goufen e puer aktuell Projeten aus eiser Gemeng presentéiert;

- Méindes, den 23. Juni, hunn d'Festivitéite vum Nationalfeierdag mam traditionellen Te Deum an der Kierch ugefaangen, gefollegt vum Cortège bis op de Schoulcampus zu Minsbech. No der offizieller Ried goufen e puer Membere vun der Musek an de Pompjeeë fir hiren Engagement geéiert, ier d'Volleksfest ugefaangen huet. Et goufen ënner anerem Kanneranimatioun, kulinaresch Spezialitéite vu villen Nationalitéiten aus der Gemeng, souwéi eng musikalesch Ënnerhalung vun der "Schëtter Strëpp" an engem DJ ugebueden. D'Recettë vun dësem Dag ginn integral un eng oder méi karitativ Organisatioune gespent. Dofir ginn och d'Nationalitéiten ëm Propositioune gefrot. De Buergermeeschter seet e grousse Merci un d'Gemengepersonal, d'Veräiner, d'Kichenekipp an all Benevollen, déi virun a wärend deem Dag mat ugepaakt hunn.

- Duerno informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi nächst geplangten Evenementer:

- Freides, de 27. Juni, fënnt d'"Journée du Pacte Nature" zu Maarnech statt. Bei dëser Geleeënheet kritt d'Gemeng Schëtter offiziell hir Zertifizéierung iw-

werreecht, déi mat engem Score vun iwwer 62% erreecht gouf;

- Samschdes, den 28. Juni, mécht d'Schëtter Musek hir traditionell Tournée vum Hämmelsmarsch. Moies spillt si zu Schëtter, Minsbech an um Neihaischen, an nomëttes zu Al-Schëtter an Iwwersiren;

- Sonndes, den 29. Juni fënnt den nationale Championnat an der rhythmescher Gymnastik an der Sportshal zu Minsbech statt, vu moies 9 Auer bis owes 18 Auer. D'Associatioun Rythmica Lux ass den Organisateur vun dësem Event;

- De selwechten Dag invitéiert d'Associatioun Lëtzebuerger Rousefrënn am Nomëtteg op eng Tea Time an der Roseraie beim Minsber Schlass;

- Dënschdes, den 1. Juli, ass owes d'Diplomiwwerreechung vun de Lëtzebuergeschcoursen am Gemengerotssall geplangt;

- De 4. Juli organiséiert d'Klimabündnis hire Klimadag, wou all d'Conseilleren häerzlech invitéiert sinn;

- Samschdes, de 5. Juli, organiséiert d'Associatioun Amicale Neihaischen hiert mëttlerweil traditionellt Summerfest beim Scoutschalet um Neihaischen;

- De selwechten Dag fënnt och déi 5. Editioun vun der lëtzebuergescher Armwrestling-Competitioun an der Sportshal zu Minsbech statt;

- Sonndes, de 6. Juli, organiséieren d'Scoute Les Castors hiert Grillfest bei hirem Chalet hannert der Gemeng. Et ginn och vill Aktivitéite fir Kanner ugebueden;

- Mëttwochs, den 9. Juli um 17 Auer, ass schonn déi nächst – an och déi lescht Sitzung vum Gemengerot virum Summercongé. De Buergermeeschter profitéiert vun der Geleeënheet, fir direkt e puer Evenementer unzekënnegen, déi kuerz duerno stattfannen;

- Freides, den 11. Juli, organiséiert d'Elterevereenegung, zesumme mam Léierpersonal, d'Schoulfest um Campus "an der Dällt";

- De selwechten Dag ab 17 Auer organiséiert de Club des Jeunes d'Sangria Party an hirer Bud hannert der Gemeng;

- Samschdes, den 12. Juli ab 9 Auer, ass rëm Schëtter Maart op der Kiercheplaz. Nieft de gewinnte Stänn bitt de Fairtrade-Grupp vun der Gemeng och eng Degustatioun vu faire Produiten un;

- De Weekend vum 12. a 13. Juli fënnt en Turnéier mat islännesche Päerd um Bastenhaff zu Schraasseg statt;

- Sonndes, den 20. Juli, invitéiert de Cercle Avicole Schëtter ab 10 Auer op seng traditionell Porte ouverte an der Klengdéieren-Zuuchtanlag zu Iwwersiren;

- De Weekend vum 25. bis 27. Juli steet ënnert dem Motto "Minsbech on Fire!"

– dëst am Kader vum 125. Anniversaire vun der Amicale vun de Pompjeeë Minsbech-Schëtter. Vill festlech Aktivitéite si geplangt: musikalesch a kënschtleresch Animatiounen, Kannerprogramm, Ausstellungen, Interventiounsdemonstratiounen a kulinaresch Spezialitéiten;

- Sonndes, den 3. August, gëtt ab 11 Auer e grousst Summerfest organiséiert, fir 20 Joer "A-Schmatten" Bauerenhaff zu Al-Schëtter ze feieren. Nieft engem Concert-Apero vun der Schëtter Strëpp ginn Animatioune fir Grouss a Kleng ugebueden, souwéi eng Zaubershow.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer déi follgend Sujeten:

- D'Datumer vun de Gemengerotssëtzungen am zweete Semester vum Joer si follgend:
  - Mëttwoch, de 24. September um 17 Auer
  - Mëttwoch, den 29. Oktober um 17 Auer
  - Mëttwoch, de 26. November um 17 Auer
  - Mëttwoch, den 10. Dezember um 17 Auer
- Den 18. Juni gouf d'Gemeng Schëtter mam Label "Drëpsi Gold" vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit ausgezeechent. Dëse Qualitéitslabel ass eng Unerkennung fir déi konsequent Efforte vun der Gemeng, fir eng héichwäerteg Drénkwaasserqualitéit sécherzestellen. D'Zertifikatioun gëllt fir eng Dauer vu 6 Joer;
- D'Weekräiz zu Iwwersiren gouf nees op hirem urspréngleche Standuert installéiert, wat dem Numm "Kräizgaass" (rue de la Croix) erëm seng originell Bedeitung gëtt;
- Vum 19. Juli bis de 24. August fënnt déi 6. Editioun vum Vëlosummer statt. An Zesummenaarbecht mat 59 Gemenge ginn e puer Stroossen temporär fir den Autosverkéier gespaart, fir de Cyclisten e flott, sécher an intensiivt Erliefnis ze bidden. De Sir-Uelzechtdall-Tour féiert duerch d'Gemeng Schëtter, an den CR187 gëtt ausserhalb vun der Lokalitéit tëscht Minsbech an Iwwersiren de Weekend vum 9. bis den 10. August fir den Autosverkéier gespaart;
- De Fuerschungs- a Pilotprojet iwwert autonom Gefierer vun de Firmen Emile Weber a Pony.ai gëtt konkret. Et ass e Projet an Zesummenaarbecht mam Wirtschafts- a Mobilitéitsministère, deen nei Méiglechkeete vun autonomer Mobilitéit am Transportsystem mat Hëllef vu kënschtlecher Intelligenz exploréiere soll. D'Zil ass et, d'Mobilitéit op laang Siicht méi effizient ze gestalten. Eng Rëtsch Gemengen – dorënner och Schëtter – maachen an enger Testphas mat, déi sech op en Deel vum Territoire bezitt. D'Firma Pony.ai huet Emile Weber als Partner ausgewielt. Aus Sécherheetsgrënn a fir am Noutfall kënnen anzeschreiden, gëtt all autonom Navette vun engem Chauffer begleet;

- Am Kader vun der circulaire n°4180 vum 29. September 2022 iwwer de Kriseplang am Fall vun engem nuklearen Accident, goufen d'Jodtabletten-Reserven aktualiséiert. Déi kommunal Servicer wäerten och Richtlinnen ausschaffen, déi de Lagerstanduert vun de Jodtabletten, déi zougangsberechtegt Persounen an déi ze kontaktéierend Autoritéiten am Noutfall definéiert;

- Wéinst enger Reform, déi eng nei Berechnungsweis fir d'Bäiträg un de Fonds pour l'emploi aféiert, mussen d'Gemengen ab elo reduzéiert Bäiträg bezuelen. An dësem Kontext kritt d'Gemeng Schëtter 538.678€ zeréckbezuelt. Ausserdeem gëtt och e Montant vu 84.054,87€ am Kader vum Fonds communal de péréquation conjoncturelle zeréckbezuelt;

- Déi kommunal Servicer hu verschidde Reklamatioune vun Awunner aus Schraasseg kritt wéinst der reegelméisseger Chute vun doudegen Äscht laanscht de Bëschwee Bettelter, wat eng Gefor fir Foussgänger a Wanderer duerstellt. D'Gemeng huet Ufank Juni e Bréif un d'Besëtzer vun de concernéierte Parzelle geschéckt, fir op dëse Risiko hinzeweisen an si opzeruffen, eng koordinéiert Schnëttaktioun mat den anere Besëtzer ze organiséieren. Si ginn opgefuerdert, Kontakt mam zoustännege Préposé vun der Naturverwaltung, dem Här Gil Jaquemoth, opzehuelen;

- Dëst Joer huet d'Gemeng kee "Programme d'entretien de la voirie rurale" beim Landwirtschaftsministère agereecht. No Ofstëmmung mat der Landwirtschaftskommissioun gouf decidéiert, fir d'éischt déi Weeër nei ze gestalten, déi schonn am viregte Programm virgesi waren.

- Zum Schluss vu senger Ried hëlt den Här Buergermeeschter d'Geleeënheet, dem Conseiller Jean-Pierre KAUFFMANN säi ganz grousse Merci auszespriechen. Hie mécht haut seng lescht Sitzung am Gemengerot mat. Den Här KAUFFMANN kann op eng aussergewéinlech politesch Karriär zeréckblécken. Hie war iwwer 43 Joer aktiv an der Schëtter Gemengepolitik, dorënner 10 Joer a 4 Méint als Buergermeeschter, 16 Joer a 6 Méint als Schäffen, 16 Joer an 8 Méint als Conseiller. Am Ganzen huet hien un iwwer 500 Sëtzunge vum Gemengerot deelgeholl.

## 1. URBANISMUS

### 1.1. Unhuele vum Projet d'aménagement particulier um Neihaischen, rue de Senningen

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg de Plan d'aménagement particulier "Rue de Senningen" um Neihaischen unzehuelen, deen duerch den Ingenieursbüro BEST s.à r.l. vum Sennengerbierg am Numm a fir Rechnung vun der Madamm Marie-Paule Bertrand-Rollinger ausgeschafft gouf.

De Projet bezitt sech op verschidde Parzellen,

déi am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektioun B vu Minsbech, ënner de follgenden Nummeren ageschriwwe sinn:
1480/3368, 1481/36, 1481/2, 1481/2976, 1481/3705, 1481/3706, 1481/3707 an 1481/3980.

Et ass virgesinn, 10 Wunnunitéiten ze bauen, opgedeelt an 8 Eefamilljenhaiser an 2 Duebelhaiser, déi als bezuelbar Wunnenge geplangt sinn. D'Parzelle Lot 9 a Lot 10 ginn der Gemeng Schëtter gratis cedéiert, fir d'Realisatioun vun dësen zwou Wunnengen.

## 2. KOMMUNAL INFRASTRUKTUREN

### 2.1. Approbatioun vun de Pläng an Devise fir d'Erweiderung vun der Roseraie zu Minsbech

Fir d'soziokulturell an touristesch Roll vun der Roseraie am Park vum Minsber Schlass ze stäerken, huet d'Associatioun Lëtzebuerger Rousefrënn eng Demande op eng Erweiderung un d'Gemeng geriicht.

No der Presentatioun vum Projet duerch den Atelier fir Urbanismus a Landschaftsarchitektur Andrea Weier, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, déi den 11. Juni 2025 datéiert Pläng an den Devis vum 17. Juni 2025, mat engem Montant total vun 150.000,00€ inklusiv TVA ze approuvéieren.

### 2.2. Autorisatioun fir de Schäfferot, viru Geriicht ze goen, am Kader vun engem administrative Recours géint eng Autorisation conditionnelle vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit fir d'Realisatioun vun engem Foussgänger- a Vëloswee tëscht dem Parc d'activités Syrdall an der Gare vu Minsbech

D'Gemeng Schëtter plangt de Bau vun engem Foussgänger- a Vëloswee tëscht der Gare vu Minsbech an dem Syrdall-Aktivitéitepark, fir d'Mobilitéit ze verbesseren an d'Sécherheet vun den Notzer ze garantéieren.

D'Autorisatioun vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit setzt awer viraus, datt d'Aarbechte réischt ugefaange kënne ginn, wann e Monitoring-Rapport beweist, datt déi ëmweltkompenséierend Moossname wierksam sinn – an dëse Rapport muss vum Ministère validéiert ginn, ier d'Aarbechte starten. Trotz verschiddenen Demarchen, dorënner Demandë fir ee Rendez-vous an ee Recours gracieux, huet d'Gemeng keng zefriddestellend Äntwert vum Ministère kritt. Eng nei ministeriell Decisioun huet d'Konditioun reformuléiert, awer net inhaltlech vereinfacht.

Wéinst dëser Situatioun, déi e wichtege Projet fir d'Gemeng an hir Awunner onnéideg verspéit, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, de Schäfferot z'autoriséieren, fir eng administrativ Prozedur viru Geriicht ze starten.

# 3. GEMENGE-FINANZEN

## 3.1. Approbatioun vum Compte de gestion vum Exercice 2023

Nom Protokoll vun der Vérification de Caisse vum Receveur an no de Remarquë vum Service de Contrôle vun der Comptabilitéit vun de Gemenge vum 12. Mee 2025 an nodeems d'Erklärungen, déi de Receveur a senger Stellungnam vum 25. Mee 2025 gemaach huet, gehéiert goufen, entscheet de Gemengerot eestëmmeg, de Compte de gestion fir den Excercice 2023 ze approuvéieren.

## 3.2. Approbatioun vum Compte administratif vum Exercice 2023

Nom Protokoll vun der Vérification de Caisse vum Receveur an no de Remarquë vum Service de Contrôle vun der Comptabilitéit vun de Gemenge vum 12. Mee 2025 an nodeems d'Erklärungen, déi de Receveur a senger Stellungnam vum 26. Mee 2025 gemaach huet, gehéiert goufen, entscheet de Gemengerot eestëmmeg, de Compte administratif fir d'Joer 2023 ze approuvéieren:

| | |
|---|---|
| **Boni vum Compte 2022** | 14 688 335,29€ |
| ordinär Recetten | 24 697 013,75€ |
| extraordinär Recetten | 1 980 755,36€ |
| **Total vun de Recetten** | 41 366 104,40€ |
| ordinär Depensen | 16 504 050,76€ |
| extraordinär Depensen | 9 427 732,95€ |
| **Total vun den Dépensen** | 25 931 783,71€ |
| **BONI 2023** | **15 434 320,69€** |

## 3.3. Schafung vun engem neie Budgetsartikel fir d'Erweiderung vun der Roseraie zu Minsbech

Fir de Projet ënner Punkt 2.1 kënnen ëmzesetzen, muss en entspriechende Budgetsartikel am extraordinäre Budget 2025 geschaf ginn.

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, en neien Artikel 4/430/221200/25012 mam Titel „Erweiderung vun der Roseraie am Park vum Schlass zu Minsbech" ze schafen, dotéiert mat engem Kredit vun 150.000,00€.

## 3.4. Approbatioun vun engem Don am Kader vum 50. Anniversaire vum Conseil National des Femmes du Luxembourg

De Nationale Fraerot vu Lëtzebuerg (CNFL) ass eng Organisatioun, déi sech säit ville Jore fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer an d'Férderung an d'Verdeedegung vun de Fraerechter zu Lëtzebuerg asetzt.

Am Kader vu sengem 50. Gebuertsdag plangt de CNFL eng Ausstellung, déi seng Haaptleeschtungen am Laf vun de Joerzéngten dokumentéiert, parallel zu de wichtegste Fortschrëtter am Beräich vun de Fraerechter. Zousätzlech ass eng Serie vu Videodokumentatiounen iwwer den historeschen Engagement vun den 13 Memberorganisatioune virgesinn.

De Schäfferot wëll säi Support an d'Unerkennung fir déi wichteg Aar-

becht ausdrécken, déi de CNFL am Interessi vun der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer zu Lëtzebuerg leescht.

Deemno decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, dem Nationalen Fraenrot vu Lëtzebuerg am Kader vu sengem 50. Anniversaire een Don vun 250,00€ auszebezuelen.

## 4. KOMMUNAL REGLEMENTER

### 4.1. Modifikatioun vum Règlement général de circulation vun der Gemeng Schëtter


De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Règlement général de circulation vun der Gemeng Schëtter wéi follegt z'änneren:

Am Kapitel II „Dispositions particulières" gëtt d'Rubrik fir de Wee vum Katebësch (Verlängerung vun der Rue de la Forêt zu Schëtter) ausserhalb vun der Lokalitéit ëm déi follgend Dispositioun ergänzt:

**Bezeechnung:**
Zirkulatioun a béide Richtunge verbueden, ausser fir Awunner a Liweranten

**Situatioun:**
Um Ufank vum ländleche Wee

**Signal:**




## 5. NOTARIELL AKTEN, COMPROMISEN A VIRKAFSRECHT

### 5.1. Approbatioun vun engem Acte de vente (Ref. : 395/2025) fir Terrainen zu Schëtter, lieu-dit "Auf Rolent"

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den ënnerschriwwenen Acte de vente vum 11. Juni 2025 z'approuvéieren, deen d'Acquisitioun vum follgenden Terrain fir e Betrag vun 129,50€ an engem But d'utilité publique reegelt, nämlech d'Integratioun vun dësem Terrain an d'Voirie publique:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | A vu Schëtter |
| **Kadaster-nummer** | 736/4763 |
| **Lieu-dit** | Auf Rolent |
| **Natur** | Place voirie |
| **Fläch** | 0,37 Ar |

### 5.2. Approbatioun vun engem Acte de vente (Ref. : 402/2025) fir Terrainen zu Iwwersiren, lieu-dit "Auf dem Rohtert"

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, en Acte de vente z'approuvéieren, deen den 12. Juni 2025 ënnerschriwwe gouf an d'Acquisitioun vum follgende Grondstéck betrëfft:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | D vun Iwwersiren |
| **Kadaster-nummer** | 486/2532 |
| **Lieu-dit** | Auf dem Rohtert |
| **Natur** | Akerland |
| **Fläch** | 96,80 Ar |

De Verkaf ass fir de Montant vun 1.839.200,00€ ofgeschloss ginn an d'Acquisitioun vum Terrain geschitt an engem But d'utilité publique, nämlech fir d'Realisatioun vun der kommunaler Zone d'activités an/oder d'Realisatioun vun ëffentlechen Infrastrukturen.

### 5.3. Approbatioun vun engem Acte de vente (Ref. : 403/2025) fir Terrainen zu Iwwersiren, lieu-dit "Auf dem Rohtert"

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, en Acte de vente z'approuvéieren, deen den 12. Juni 2025 ënnerschriwwe gouf an d'Acquisitioun vum follgende Grondstéck betrëfft:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | D vun Iwwersiren |
| **Kadaster-nummer** | 487/2951 |
| **Lieu-dit** | Auf dem Rohtert |
| **Natur** | Akerland |
| **Fläch** | 71,90 Ar |

De Verkaf ass fir de Montant vun 1.366.100,00€ ofgeschloss ginn an d'Acquisitioun vum Terrain geschitt an engem But d'utilité publique, nämlech fir d'Realisatioun vun der kommunaler Zone d'activités an/oder d'Realisatioun vun ëffentlechen Infrastrukturen.

### 5.4. Approbatioun vun engem Acte de vente (Ref. : 404/2025) fir eng Immobilie zu Minsbech, 252, rue Principale

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, en Acte de vente z'approuvéieren, deen den 12. Juni 2025 ënnerschriwwe gouf an d'Acquisitioun vum follgende Grondstéck betrëfft:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | B vu Minsbech |
| **Kadaster-nummer** | 1015/3479 |
| **Lieu-dit** | Rue Principale |
| **Natur** | Place (occupée) |
| **Fläch** | 5,94 Ar |

De Verkaf ass fir de Montant vun 900.000,00€ ofgeschloss ginn an d'Acquisitioun vum Terrain geschitt an engem But d'utilité publique, nämlech fir d'Realisatioun vu Sozialwunnengen, respektiv enger Wunnstruktur fir eeler Läit.

### 5.5. Approbatioun vun engem Compromis d'échange fir Terrainen zu Minsbech, rue Principale a rue du Château

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, e compromis d'échange ze approuvéieren, deen den 20. Mee 2025 tëscht dem Schäfferot an enger Société Anonyme mat Sëtz an der Gemeng Schëtter ënnerschriwwe gouf.

Duerch dëse Compromis ginn der Gemeng Schëtter déi follgend dräi Parzelle vun der genannter Société Anonyme zu Minsbech iwwerdroen:

| Sektioun | B vu Minsbech | B vu Minsbech | B vu Minsbech |
|---|---|---|---|
| Kadasternummer | 1007/X1 | 1007/X2 | 1007/X3 |
| Lieu-dit | Rue du Château | Rue Principale | Rue Principale |
| Natur | Place voirie | Place verte | Place voirie |
| Fläch | 0,05 Ar | 1,05 Ar | 0,06 Ar |

Als Géigeleeschtung gëtt eng Parzell vun der Gemeng Schëtter un déi genannte Société Anonyme iwwerdroen:

| Sektioun | B vu Minsbech |
|---|---|
| Kadaster-nummer | 1007/X5 |
| Lieu-dit | Rue du Château |
| Natur | Place |
| Fläch | 1,05 Ar |

Den Echange geschitt am Kader vum ëffentlechen Interessi, nämlech der Integratioun vun de cédéierte Parzellen an d'Voirie publique engersäits an an de kommunalen Amenagement vun enger Place verte anerersäits.

### 5.6. Approbatioun vun enger Convention de mise à disposition à titre gratuit fir een Terrain zu Minsbech, Lieu-dit "Auf der Bissemt"

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, eng Convention de mise à disposition à titre gratuit ze approuvéieren, déi de 4. Juni 2025 ënnerschriwwe gouf, an déi enger Privatpersoun d'Recht gëtt, eng Garage op der Parzell Sektioun B vu Minsbech, Lieu-dit "Auf der Bissemt", mat der Kadasternummer 1103/600, gratis ze benotzen.

## 6. SCHRËFTLECH FROE VUN DE GEMENGE-CONSEILLEREN

Als Äntwert op de Bréif vum 24. Juni 2025, dee vun der lokaler politescher Partei "Schëtter Bierger" erakomm ass an an deem Informatiounen iwwer de Start vu bestëmmte Chantieren an der Gemeng ugefrot goufen, deelt de Schäfferot follgend Detailer mat:

- Zone 30 an der Rue Principale: D'Autorisatioun vun der Waasserverwaltung ass accordéiert ginn, esou datt d'Ausschreiwung fir d'Aarbechten elo gestart ka ginn;
- Gebai Cycle 1 an Erweiderung vun der Maison Relais: D'Pläng an den detailléierten Avant-projet ginn dem Gemengerot den 9. Juli virgeluecht. Nodeems et Bemierkunge vum Educatiounsministère goufen,

ass de Projet aktuell nach liicht iwwerschafft. Den Ufank vun den Aarbechten ass éischter fir Enn dëst Joer oder Ufank nächst Joer virgesinn;

- Erweiderung vum kommunale Kierfecht: Den Dossier ass ofgeschloss, an d'Demande fir Offere gëtt an de nächsten Deeg lancéiert. D'Fassadenaarbechte sollen nach virum 1. November ofgeschloss sinn, fir d'Allerhellegen-Zeremonie kënnen ze garantéieren;

- Reamenagement vun der Spillplaz "An der Uecht": Trotz e puer Retarden an enger reduzéierter Aarbechtskraaft um Chantier sinn d'Gros-oeuvres bal ofgeschloss. D'Installatioun vun de Spillgeräter fänkt geschwënn un, an eng Aweiung speziell fir Kanner ass dëse Summer geplangt.

## 7. FROE VUM PUBLIC

Keng.

# SËTZUNG VUM GEMENGEROT

## 09.07.2025

**PRESENT:**

Claude Marson,
***Buergermeeschter***

Serge Eicher,
***Schäffen***

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Conny Ney, Jules Sauber, Serge Thein, Paul Theisen,
***Conseilleren***

Alain Dohn,
***Gemengesekretär***

**ENTSCHËLLEGT:**

Nicolas Welsch,
***Conseiller***

**PROCURATIOUN:**

Nicolas Welsch ▸ Serge Eicher

**Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.**

@Gemeng_Schetter

YouTube

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 8. Sitzung vum Gemengerot am Joer 2025.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Nicolas WELSCH, deen eng Procuratioun un den Här Serge EICHER ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Den Här Buergermeeschter féiert duerno den Eed vun der Madame Conny NEY duerch, nei Conseillère vun der politescher Partei DP. Si trëtt d'Nofolleg vum Här Jean-Pierre KAUFFMANN un, deen no 43 Joer als Member vum Schëtter Gemengerot demissionéiert huet. D'Madame NEY gëtt och virgeschloen, fir de Schäfferot als 2. Schäffin ze integréieren, no der Demissioun vum Här Andrew KISER, deen awer weiderhin als Member am Gemengerot wäert sëtzen.

Ausserdeem informéiert de Buergermeeschter, dass d'ëffentlech Ofstëmmung vun der haiteger Sitzung mam Conseiller Andrew KISER ufänke wäert.

Duerno deelt den Här Buergermeeschter mat, wéi eng Evenementer zënter der leschter Sitzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Freides, de 27. Juni, huet d'"Journée du Pacte Nature" zu Maarnech stattfonnt. Bei dëser Geleeënheet huet d'Schëtter Gemeng offiziell hir Sëlwer-Zertifizéierung kritt, mat engem Score vu méi wéi 61,80%;

- Samschdes, den 28. Juni, huet d'Schëtter Musek hir traditionell Tournée vum „Hämmelsmarsch" gemaach;

- De selwechten Dag huet d'Groussherzogin de Park vum Minsber Schlass besicht, fir d'Rous „Europa Donna" ze deefen. Dëst Evenement war e grousse Succès. D'Grousssherzogin huet d'Rous „Europa Donna" gedeeft, déi zu Éiere vun der Associatioun benannt gouf, déi sech zënter 2002 am Kampf géint Broschtkriibs engagéiert.

  D'Zeremonie huet an der Presenz vun de Ministerinne Martine Hansen a Martine Deprez stattfonnt.

  Besonnesch ervirzehiewen ass déi exzellent Zesummenaarbecht tëscht de verschiddenen Ekippen: op där enger Säit d'Madame Mariette Fischbach, Presidentin, an d'Membere vum Verwaltungsrot vun Europa Donna; op där anerer Säit d'Associatioun Lëtzebuerger Rousefrënn, vertrueden duerch hir Presidentin Maryse Weirig-Hensel, ville Memberen aus dem Comité an aus der Associatioun, an natierlech och d'kommunal Servicer;

- Sonndes, den 29. Juni, haten d'Lëtzebuerger Rousefrënn op eng „Tea Time" an d'Roseraie vum Minsber Schlass invitéiert;

- Dënschdes, den 1. Juli, huet owes d'Iwwerreechung vun den Diplomer vun de Lëtzebuergeschcoursen am Gemengerotssall stattfonnt. Dës kleng Zeremonie gouf musikalesch vun der Chorale Sainte Cécile begleet. De Buergermeeschter adresséiert e grousse Merci un d'Cheffin vum Chouer, d'Musekerinnen a Museker, souwéi un de Pianist;

- De 4. Juli hat d'Klimabündnis hire "Klimadag" organiséiert;

- Samschdes, de 5. Juli, huet déi 5. Editioun vun der lëtzebuergescher Armwrestling-Competitioun an der Sportshal um Campus „an der Dällt" zu Minsbech stattfonnt;

- De selwechten Dag huet d'Associatioun Amicale Neihaischen hiert traditionellt Summerfest am Scoutschalet um Neihaischen organiséiert;

- Sonndes, de 6. Juli, hunn d'Scouten Castors hiert järlecht Grillfest beim Chalet hannert dem Gemengegebai organiséiert. Et goufen eng Rëtsch Aktivitéite fir Kanner ugebueden.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi nächst geplangten Evenementer:

- Freides, den 11. Juli, organiséiert d'Elterevereenegung, zesumme mam Léierpersonal, d'Schoulfest ab 16 Auer um Campus „an der Dällt";

- De selwechten Dag, ab 17 Auer, fënnt och d'Sangria Party vum Club des Jeunes statt;

- Samschdes, den 12. Juli, geet de Schëtter Maart ab 9 Auer op der Plaz bei der Kierch lass. Nieft de gewinnte Stänn bitt de Fairtrade-Grupp vun der Gemeng Schëtter eng Degustatioun vu Fairtrade-Produiten un. D'Visiteure kënnen eng grouss Auswiel u Produiten testen a

sech selwer vun hirer Qualitéit iwwerzeegen. Dës Kéier ginn och Kosmetikproduiten ugebueden. E puer dovu kënne beim Stand vum Weltbuttek Esch kaf ginn. Bei schéinem Wieder (26 Grad annoncéiert) ginn et och Fairtrade- oder Bio-Glacen.

Parallel dozou gëtt et eng kleng Kanneranimatioun am Schëtter Treff, wou Kanner Monsteren aus recycléierte Materialie bastele kënnen;

- De Weekend vum 12. bis den 13. Juli fënnt en islännesche Päerdsturnéier um Bastenhaff zu Schraasseg statt. D'Gemeng Schëtter huet de Patronage vun dësem Evenement iwwerholl, an de Gemengerot ass häerzlech invitéiert, un der Präisiwwerreechung e Sonndeg deelzehuelen;
- Sonndes, den 20. Juli, ab 10 Auer, organiséiert de Cercle Avicole Schëtter seng Porte ouverte mat Grillfest an der Zuchtstatioun zu Iwwersiren;
- De Weekend vum 25. bis de 27. Juli steet ënnert dem Motto „Minsbech on Fire!“ zur 125-Joer-Feier vun der Amicale vun de Pompjeeë Minsbech-Schëtter. D'Festivitéite fänke freides owes mat engem Bal am Centre culturel vu Minsbech un, musikalesch begleet vum Duo Sandy Botsch a Romain Kerschen.

  Samschdes ass e Kuppel Cup geplangt, eng Ausstellung vu Pompjeesgefierer a -material aus fréieren Zäiten, souwéi de Verkaf vun Éischt-Hëllef-Artikelen. Sonndes ginn d'Feierlechkeete mat engem Aperitif-Concert, enger Interventiounsdemonstratioun vum CIS Nidderaanwen-Schëtter, enger CTIF-Übung (Comité technique international de prévention et d'extinction de feu), engem variéiert musikalesche Programm, Kanneraktivitéiten a kulinaresche Spezialitéiten ofgeschloss;
- Sonndes, den 3. August, ab 11 Auer, fënnt e grousst Summerfest um Bauerenhaff “A-Schmatten” zu Al-Schëtter statt, am Kader vun hirem 20-järege Bestoen. Nieft engem Apéritif-Concert vun der Schëtter Strëpp ginn et Animatioune fir Grouss a Kleng an eng Zaubershow;
- Vum 23. bis den 31. August fënnt déi 50. Editioun vum Quetschefest vun der Schëtter Harmonie statt. D'Glieser mat Gebeess kënne wärend där Woch direkt virum Musekslokal kaf oder iwwer schettermusek@gmail.com bestallt ginn. Den 23. August, am spéiden Nomëtten, gëtt an der Jeanne-Rouff-Strooss e Bam geplanzt, fir de 50. Anniversaire ze markéieren;
- Sonndes, de 14. September, organiséiert d'DP-Sektioun vu Schëtter hiert Scampis-Fest ab 11:30 Auer am Centre culturel zu Minsbech;
- Den 23. September fënnt d'Éierung vun de Sportifs méritants statt. Déi genau Auerzäit gëtt nach matgedeelt;

- De 27. September gëtt d'35-Joer-Jumelage-Feier mat der Gemeng Siegelsbach gefeiert. De Programm gëtt nach liicht ugepasst a geschwë publizéiert.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer déi follgend Sujeten:

- D'Datumer vun de Gemengerotssëtzungen am zweete Semester vum Joer si follgend:

    - Mëttwoch, de 24. September um 17 Auer

    - Mëttwoch, den 29. Oktober um 17 Auer
    - Mëttwoch, de 26. November um 17 Auer

    - Mëttwoch, den 10. Dezember um 17 Auer

- De Schëtter Treff ass bis zur Schoulrentrée zou. Ab dem 17. September ginn d'Aktivitéiten erëm wéi gewinnt opgeholl;

- Wéinst Aarbechten op der Eisebunnslinn ginn d'Zich tëscht Lëtzebuerg an Éiter den 11. a 12. Juli, tëscht 22 Auer a 4 Auer moies, duerch Bussen ersat. Méi Informatioune fannt Dir op www.cfl.lu;

- De leschte Weekend war d'Autobunn A1 komplett fir de Verkéier gespaart. De kommende Weekend, den 12. a 13. Juli, gëtt just d'Ausfaart Minsbech (a Richtung Stad, vun Tréier kommend) komplett gespaart. Et muss een da bei der Sortie Sennengerbierg rausfueren. Wat d'Autobunnsbréck ugeet, bleift bis September just eng Spuer op;

- Den 22. a 23. Juli, souwéi an der Nuecht op de 24. Juli, gëtt d'Strooss tëscht dem Centre socio-éducaif zu Schraasseg an der Entrée Schlassgewan komplett gespaart, well Ponts et Chaussées do en neie Raclage mécht. Tëscht der Kräizung Wäissebierg an dem Transformator gëtt just eng Spuer op dësem klengen Tronçon erneiert.

# 1. POLITESCH AFFÄREN

## 1.1. Approbatioun vum Tableau de préséance vum Gemengerot

Den Tableau de préséance bestëmmt d'Uerdnung, an där d'Conseilleren – wann néideg – de Buergermeeschter an d'Schäffen ersetzen. No de rezenten Ännerungen am Gemengerot gëtt e neien Tableau de préséance opgestallt an eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl, dëst an Aklang mam Artikel 11 vun der geännerter kommunaler Gesetzgebung vum 13. Dezember 1988.

## 1.2. Approbatioun vun der Verdeelung vum Supplément fir de politesche Congé

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Verdeelung vum Supplément fir de politesche Congé tëscht de Membere vum Gemengerot ab dem 1. August 2025 nei festzeleeën. Dës Upassung ass néideg ginn duerch déi rezent personell Verännerungen am Gemengerot.

### 1.3. Remplacement vun engem Member an der kommunaler Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen

No der Demissioun vum Här Jean-Pierre Kauffmann als Conseiller ass eng Plaz an der kommunaler Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewe fräi ginn.

Am Aklang mat der aktuell gëlteger Gesetzgebung*, déi virgesäit, datt d'Membere vun dëser kommunaler Kommissioun vum Gemengerot ernannt ginn, op dem Territoire vun der Gemeng musse wunnen oder schaffen, an datt op d'mannst ee Vertrieder vum Gemengerot an der Kommissioun muss vertruede sinn, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Madame Conny Ney als neie Member an dës Kommissioun ze ernennen.

---

## 2. KOMMUNAL INFRASTRUKTUREN

### 2.1. Approbatioun vum Devis fir d'Sanéierung vum Reservoir Boumillen zu Schraasseg

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg d'Note technique an den detailléierten Devis vum 27. Juni 2025, dee fir d'Sanéierung vum Reservoir Boumillen zu Schraasseg vum Ingenieursbüro BEST vum Sennengerbierg ausgeschafft gouf. De Gesamtbetrag beleeft sech op 386.100,00€ TTC.

Dës Aarbechten – wéi z. B. d'Rehabilitatioun vun der Waasserkummer oder d'Erneierung vun der Technik – sinn néideg, fir op laang Siicht d'Drénkwaasserversuergung vun der Gemeng Schëtter sécherzestellen.

### 2.2. Approbatioun vun de Pläng an Devisen zur Erweiderung vun der Schoul an der Maison Relais Cycle 1 – Campus scolaire "an der Dällt"

Mam Bevëlkerungszouwuess an eiser Gemeng klëmmt och d'Zuel vun de Kanner an der Grondschoul. Fir de Bedierfnesser vun de kommende Generatioune gerecht ze ginn, gëtt de Schoulcampus „an der Dällt" ëmfaassend erweidert.

D'Aarbechte ginn a verschidde Phasen ënnerdeelt an d'Sécherheet vun de Kanner an dem Schoulpersonal gëtt zu all Moment garantéiert. An der éischter Phas ass de Bau vun engem neie Gebai virgesinn, dat d'Grondschoul an d'Maison Relais vum Cycle 1 regroupéiert, fir e moderne Raum ze schafen, deen de Bedierfnesser vun de Kanner entsprécht.

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg d'Pläng an Devisen am Kader vun der Weiderentwécklung vum Masterplang fir de Schoulcampus „an der Dällt".

De Pilotage vum Projet iwwerhëlt den Ingenieursbüro Schroeder & Associés, zesumme mat den Architekte vu Coeba, déi fir d'Pläng an d'architektonesch Konzipéieren zoustänneg sinn. D'Aarbechte sollen Ufank 2026 lass goen, mat enger Fäerdegstellung vun den Installatioune fir d'Rentrée 2029/2030.

De geschate Budget fir dës éischt Phas läit bei ronn 27,4 Milliounen Euro. Dëst ass e wichtegen Investissement fir d'Gemeng, fir qualitativ héichwäerteg Léierbedingungen ze garantéieren an d'Entwécklung vun de Schüler vun Ufank un z'ënnerstëtzen.

**D'Detailer vum Projet kënnen hei consultéiert ginn.**

### 2.3. Approbatioun vun de Pläng an Devisen zum Projet “En neien Duerfkär fir Schëtter”

E weidere Schlësselprojet vun der Gemeng ass d’Neigestaltung vum Duerfzentrum vu Schëtter. De Projet „En neien Duerfkär fir Schëtter“ ass d’Resultat vun enger partizipativer Biergerconsultatioun, déi am Abrëll 2021 gestart gouf, fir d’Meenungen an Iddie vun den Awunner fir d’Zukunft vum Duerfkär ze sammelen.

Dräi final Projeten, déi vun enger Jury ausgewielt goufen, goufen der Ëffentlechkeet presentéiert. De Gewënnerprojet, ausgeschafft vum Büro Metaform Architects, gouf als Laureat bestëmmt.

D’éischt Phas vum Projet gesäit nieft der Schafung vun neie Raimlechkeete fir d’Scouten an de Club des Jeunes och d’Demolitioun vum ale Gemengenhaus, souwéi d’Renovatioun an d’Neigestaltung vun der aler Schoul an dem Paschtoueschhaus vir. Dës Transformatioune ginn duerch de Bau vun enger moderner Erweiderung vum Gemengenhaus begleet.

Dëse Projet ass e strukturellen Investissement fir d’Gemeng, deen d’kommunal Infrastrukture moderniséiert, d’Servicer verbessert an d’Veräinsliewe stäerkt.

D’Aarbechte sollen am September 2026 ufänken, mat enger Fäerdegstellung bis Mëtt 2030. De Gemengerot decidéiert mat 8 Stëmmen (DP, LSAP, an DEI GRENG) an 3 Enthalungen (SCHËTTER BIERGER) d’Pläng an d’Devisë fir de Projet “En neien Duerfkär fir Schëtter” ze approuvéieren.

De geschate Gesamtbetrag fir dës Phas läit bei 29,8 Milliounen Euro, verdeelt op d’Gemengenhaus mat 16,5 Milliounen Euro, de Scoutschalet mat 9,1 Milliounen Euro an de Club des Jeunes mat 1,3 Milliounen Euro.

**D’Detailer vum Projet kënnen hei consultéiert ginn.**

## 3. KOMMUNAL FINANZEN

### 3.1. Presentatioun vun der Aktualiséierung vum Plan pluriannuel de Financement 2025–2030

D’Membere vum Gemengerot huele Kenntnis vun der Aktualiséierung vum Plan pluriannuel de Financement fir d’Period 2025 bis 2030, deen eng global Iwwersiicht iwwer d’Engagementer an d’finanziell Mëttel vun der Gemeng erméiglecht.

Dank enger verantwortungsvoller Budgetspolitik an enger nëtzlecher Gestioun vun de Steiergelder, geet aus dësem Finanzplang ervir, datt d’Gemeng iwwer déi néideg Finanzmëttel verfüügt, fir déi grouss geplangte Projeten ëmzesetzen – dorënner den „Neien Duerfkär Schëtter“ an déi nei schoulesch Infrastrukturen.

### 3.2. Approbatioun vun den Titres de recettes vum Exercice 2024

D’Deklaratioune vun de Recettë mussen – ausser déi, déi op enger Decisioun vum Gemengerot baséieren – vum Gemengerot approuvéiert ginn.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Titres de recettes vum Budgetexercice 2024 ze approuvéieren. Dës ginn dem administrative Konto bäigefüügt, fir bei der Ofrechnung duerch d'Autorité supérieure als Beweisdokument fir déi ageschriwwe Recetten ze déngen.

### 3.3. Allocatioun vum kollektéierten Don vun Nationalfeierdag u verschidden Associatiounen

Beim Nationalfeierdag, deen den 23. Juni 2025 um Campus „an der Dällt" zu Minsbech gefeiert gouf, hu Bierger aus verschiddenen Nationalitéite kulinaresch Spezialitéiten ugebueden. Dobäi gouf eng Zomm vun 7.625,00€ gesammelt.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de gesammelte Betrag gläichméisseg un Organisatiounen ze verdeelen, déi vun de Bierger aus de verschiddenen Nationalitéite proposéiert goufen, nämlech:

- AryaLux a.s.b.l.
- Luxembourg Allergy Network a.s.b.l.
- Schëtter hëlleft a.s.b.l.
- ELA Luxembourg a.s.b.l.
- Darkness Into Light Luxembourg a.s.b.l.

## 4. NOTARIELL AKTEN, COMPROMISEN A VIRKAFSRECHT

### 4.1. Approbatioun vun engem Pachtvertrag fir Terrainen zu Minsbech, Lieu-dit "Auf dem Maerchemt"

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg, am Kader vum Naturpakt, e Pachtvertrag, deen den 30. Abrëll 2025 tëscht dem Schäfferot an engem private Locataire ënnerschriwwe gouf.

Duerch dëse Vertrag verpacht d'Gemeng Schëtter follgend Terrainen:

| Kadasternummer | 845/3830 | 922/3882 | 922/3883 |
| --- | --- | --- | --- |
| Natur | Akerland | Akerland | Akerland |
| | Gemeng Schëtter Sektioun B vu Minsbech “Auf dem Maerchemt” | Gemeng Schëtter Sektioun B vu Minsbech “Auf dem Maerchemt” | Gemeng Schëtter Sektioun B vu Minsbech “Auf dem Maerchemt” |
| Fläch | approx. 23,30 Ar | 10,00 Ar | approx. 3,00 Ar |

### 4.2. Approbatioun vun engem Droit d’emphytéose an engem Acte de Vente en l’état futur d’achèvement [Ref. 450/2025] fir eng Wunneng zu Iwwersiren, Rue des Jardins

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Droit d’emphytéose an d’Vente en l’état futur d’achèvement, ënnerschriwwen de 25. Juni 2025 tëscht dem Schäfferot an dem zukünftege Keefer, duerch déi d’Gemeng Schëtter:

- een Droit d’emphytéose vun 99 Joer op engem Terrain mat der Kadasternummer 173/3870, Sektioun D vun Iwwersiren, Rue des Jardins, mat enger Fläch vun 3 Ar an 68 Zentiar accordéiert;

- an een eenzelt Familljenhaus, dat op dësem Terrain gebaut gëtt, fir e Präis vun 809.298,00€ verkeeft, dëst am Kader vun enger Vente en l’état futur d’achèvement.

### 4.3. Approbatioun vun engem Acte de Vente [Ref. 447/2025] fir Terrainen zu Schëtter, Rue de Canach

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Acte de Vente, deen de 24. Juni 2025 tëscht dem Schäfferot an dem/de Verkeefer(en) ënnerschriwwe gouf.

Duerch dësen Akt kritt d’Gemeng Schëtter zwee Terrainen, déi am Kadaster vun der Gemeng Schëtter wéi follegt ageschriwwe sinn:

| Sektioun | A vu Schëtter | A vu Schëtter |
| --- | --- | --- |
| Kadasternummer | 240/4394 | 240/4626 |
| Lieu-dit | Rue de Canach | Rue de Canach |
| Natur | Place voirie | Place |
| Fläch | 0,01 Ar | 0,02 Ar |

De Kafsbetrag beleeft sech op 22,50€, an d'Acquisitioun vun dësen Terraine geschitt am Interessi vun der Allgemengheet, nämlech fir d'Integratioun vun der Parzell an d'ëffentlecht Stroossennetz.

### 4.4. Approbatioun vun engem Acte de Vente [Ref. 480/2025] fir een Terrain zu Minsbech, Rue des Champs

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Acte de vente, deen de 27. Juni 2025 tëscht dem Schäfferot an dem/de Verkeefer(en) ënnerschriwwe gouf.

Heimat keeft d'Gemeng Schëtter fir e Betrag vun 270,00€ een Terrain, ageschriwwen am kommunale Kadaster, am Interessi vun der Allgemengheet, nämlech fir d'Integratioun an d'ëffentlecht Stroossennetz:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | B vu Minsbech |
| **Kadaster -nummer** | 1065/4460 |
| **Lieu-dit** | Rue des Champs |
| **Natur** | Place voirie |
| **Fläch** | 0,36 Ar |

## 5.KOMMUNAL REGLEMENTER

### 5.1. Confirmatioun vun zwou dréngenden Ännerungen am kommunale Verkéiersreglement

De Gemengerot confirméiert eestëmmeg zwou temporär Ännerungen am kommunale Verkéiersreglement:

- temporäert Verkéiersnoutreglement iwwert den Trafick an der Rue du Village zu Schëtter, vum 30. Juni 2025 bis inklusiv de 24. Juli 2025;
- temporäert Verkéiersnoutreglement iwwert den Trafick an der Rue Principale zu Minsbech, vum 30. Juni 2025 bis inklusiv den 11. Juli 2025.

## 6. SCHRËFTLECH FROE VUN DE GEMENGECONSEILLEREN

Keng.

## 7. FROE VUM PUBLIC

Keng.

# GEMENGEBUET 04/2025

## Mention de la publication de règlements
## Article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Approbation de la décision du conseil communal du 25 juin 2025 relative à la modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange au chapitre II « Dispositions particulières » et concernant la circulation interdite dans les deux sens, excepté cycles, tracteurs, machines automotrices et patins à roulettes à l'entrée du chemin rural Katebësch (prolongement de la rue de la Forêt à Schuttrange)

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 25 juin 2025 portant sur une modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange au chapitre II « Dispositions particulières » et concernant la circulation interdite dans les deux sens, excepté cycles, tracteurs, machines automotrices et patins à roulettes à l'entrée du chemin rural Katebësch (prolongement de la rue de la Forêt à Schuttrange) a été approuvée par Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 8 juillet 2025 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 14 juillet 2025, sous la référence n° 322/25/CR.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

---

Adoption d'un projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la commune de Schuttrange concernant un bâtiment communal sis à Schuttrange, place de l'Eglise et l'adaptation des dispositions de l'article 25 de la partie écrite du PAG

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 30 avril 2025 portant adoption d'une modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la commune de Schuttrange concernant un bâtiment communal sis à Schuttrange, place de l'Eglise et l'adaptation des dispositions de l'article 25 de la partie écrite du PAG, a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 18 septembre 2025, sous la référence n° 29C/016/2024, mopo PAP QE 20035/29C.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

Adoption d’un projet de modification ponctuelle du Plan d’Aménagement Particulier quartier existant concernant la levée de la protection patrimoniale communale d’un bâtiment administratif communal sis à Schuttrange, place de l’Eglise

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 30 avril 2025 portant adoption d’un projet de modification ponctuelle du plan d’aménagement particulier - quartier existant, visant la levée de la protection patrimoniale communal d’un bâtiment administratif communal sis à Schuttrange, 2, place de l’Église (Mairie) sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Schuttrange, section A de Schuttrange, numéro cadastral 80/2495, a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 24 septembre 2025, référence ministérielle 20035/29C (mopo PAG 29C/016/2024).

**> Ladite délibération a été publiée en due forme**

---

Adoption d’un projet d’aménagement particulier à Neuhaeusgen, rue de Senningen

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 25 juin 2025 portant adoption d’un projet d’aménagement particulier « rue de Senningen » à Neuhaeusgen, présenté et élaboré par le bureau d’ingénieurs-conseils BEST s.a r.l. du Senningerberg (numéro d’enregistrement RCS B 39.399) au nom et pour le compte de Madame Bertrand-Rollinger Marie-Paule, concernant des terrains inscrits au cadastre de la commune de Schuttrange, section B de Munsbach, sous les numéros 1480/3368, 1481/36, 1481/2, 1481/2976, 1481/3705, 1481/3706, 1481/3707, 1481/3980, particulier à Neuhaeusgen, rue de Senningen, a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 18 septembre 2025, réf. 20064/29C.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**


PAS DE PRODUCTEURS...
PAS DE CAFÉ !
Avec le café Fairtrade,
vous contribuez à sécuriser l'avenir des producteurs menacés par l'extrême pauvreté et le changement climatique.
ENSEMBLE, CHANGEONS LE COMMERCE
POUR UN MONDE PLUS JUSTE !
FAIRTRADE
EN SAVOIR PLUS
fairtrade.lu
RCS Lille Métropole 424 761 419 00045. © mouton noir 2024 - Visuel généré avec IA.

# Spuert och Dir Ressourcen!

Serie vum Mouvement Ecologique an dem Oekozenter Pafendall




fixit!

FLÉCKEN . LÉINEN . NOTZEN

**Vill Spillsaachen a Kannergezei landen no kuerzer Zäit am Offall – dobäi kéinten se och nach anere Kanner eng Freed maachen.**

All Joer ginn immens vill Spillsaache kaaft – a vill dovun och séier ewechgehäit. Laut Statistike ginn der vill just kuerz benotzt (manner wéi 8 Méint) oder verschwanne fir Joren um Späicher, éier se an d'Dreckskëscht kommen.

Um Site vun der Aktioun fannt Dir eng Lëscht vu Veräiner an Initiativen déi deene Spillsaachen an och dem Kannergezei en zweet Liewe schenken an nach ganz vill aner Tipps ronderëm „Repair, ReUse, Share". **Kuckt eran!**

**meco.lu/fixit & oekozenter.lu/fixit**

mouvement écologique

oekozenter pafendall

Mat der Ënnerstëtzung vum:


LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Find us on

Service de **médiation** scolaire

Elteren, Jonker, Enseignanten

# Kannerrechter respektéieren, an der Schoul an am Alldag!




Hutt dir **Problemer bei der Kommunikatioun** mat der Schoul, dem Lycée oder engem Service vum Ministère fir Educatioun? Hutt dir d'Gefill, dass dir si **net selwer léise kënnt**?

De **Service de médiation scolaire** ass do, fir iech ze hëllefen, besonnesch an 3 Fäll hëllefen, de **Schoul-Ofbroch**, d'**Inklusioun** an d'**Integratioun**.

## Ee Service fir Iech


**Service de médiation scolaire**
Tél.: (+352) 247 – 65280
contact@mediationscolaire.lu
mediationscolaire.lu

Ombudsman okaju fir Kanner a Jugendlecher




## Déi selwecht Rechter fir all Kand a Jugendlechen !

Den **Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher** setzt sech fir d'Rechter vu Kanner a Jugendlecher an. Dës Rechter enthalen zum Beispill d'Recht drop, ugehéiert a bedelegt, respektéiert a geschützt ze ginn, so**uwéi an engem sécheren Ëmfeld opz**ewuessen.

Dir sidd Kand oder Teenager.in, Elterendeel, Enseignant.e oder Intervenant.e bei Kanner, Elterevertrieder.in an dir hutt d'Gefill, datt esou e Recht net respektéiert gëtt?

## Mir si fir dech do!


Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher
Défenseur des droits de l'enfant

65, route d'Arlon - L-1140 Luxembourg
contact@okaju.lu 28 37 36 35
www.okaju.lu - www.kannerrechter.lu

Schëtter




# Trouvez la solution de charge pour votre résidence grâce au comparateur de bornes et de systèmes de gestion

Avec l'essor des véhicules électriques, la question de la gestion de la charge devient centrale, en particulier dans les résidences où la puissance est limitée. Comment permettre à plusieurs utilisateurs de charger leur véhicule sans surcharger l'installation électrique ? Comment répartir les coûts ? Pour accompagner cette évolution, Klima-Agence propose une plateforme en ligne permettant de comparer les bornes de charge et les systèmes de gestion disponibles au Luxembourg.

### Des solutions adaptées aux besoins des copropriétés

Le comparateur en ligne **bornes.klima-agence.lu** permet de repérer facilement les solutions compatibles avec un usage collectif. Les utilisateurs peuvent cibler les systèmes répondant aux spécificités d'une copropriété.

Les systèmes de gestion sont au cœur de cette approche.

- **La gestion de la charge** permet une répartition intelligente de la charge entre plusieurs points de charge afin d'éviter une surcharge du réseau électrique.
- **La gestion de la facturation** est essentielle pour répartir les coûts entre les résidents.
- **La gestion énergétique** permet une meilleure utilisation de l'énergie, y compris celle produite par votre installation photovoltaïque.

### Une compatibilité facilitée entre bornes et systèmes

L'outil met également en avant la compatibilité entre bornes de charge et systèmes de gestion, un critère essentiel pour identifier les solutions les plus ouvertes et évolutives et faciliter ainsi d'éventuelles extensions.

Grâce aux filtres, vous pouvez optimiser votre recherche selon des critères tels que le profil utilisateur, le type de bâtiment, la puissance ou les fonctionnalités permettant notamment de gérer la charge et d'éviter des pics de consommation, ce qui est particulièrement utile dans le contexte de la nouvelle structure tarifaire de l'électricité.

### Besoin de plus d'informations ?

- La mobilité électrique pour les particuliers : **klima-agence.lu/emobility**
- Les aides pour votre projet de mobilité : **aides.klima-agence.lu**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90

# DE WÄERT VUN ENGEM BAM

ECH SINN ENG HONNERT JOER AL BICH, MEE ECH SINN OCH ...

## E LIEWENSRAUM

Bei mir wunne méi wéi **1000 Liewewiesen**: Vigel, Insekten, Moosen, Pilzen, Mamendéieren...

## ENG LONG

Ech reguléiere **Sauerstoff** a **$CO_2$** an droe sou zum Loftgläichgewiicht bäi.

## E FILTER

Ech fänke Fäinstëbs op a **rengegen d'Loft**.

## EN ERNÄRER

Meng **Friichten**, meng **Blieder** a mäin **Doudholz** ernären d'Liewe ronderëm mech.

## ENG KLIMAANLAG

Ech suerge fir **Frëscht** a **Fiichtegkeet** : am Summer senken ech d'Temperatur ëm 2 bis 8 °C.

## EN THERAPEUT

A menger Präsenz geet däi **Stresspegel** erof, däin Häerz berouegt sech an du fills dech **sécher**.



## E BESCHÜTZER

Meng Wuerzele **stabiliséieren** de Buedem a limitéieren d'Erosioun. Meng Blieder **dämpfen Kaméidi a Wand**.

## ENG PLAZ FIR ZE BEGÉINEN

Familljen, Frënn an Noperen treffe sech **ënnert mengem Schied**.

## EN HISTORIKER

Meng Joresréng a meng Narbe weisen d'**Spuere vun der Zäit**: Klima, Bränn, Verschmotzungen, Stierm...

Déi eelst Beem si richteg **Naturarchiven**.

## E KËNSCHTLER

Meng **Formen**, meng **Faarwe** a meng **Joereszäiten** inspiréieren.

Ech sinn d'Haaptfigur an Dausende vu **Märercher**, **Filmer**, **Gedichter**, **Traditiounen**...

## EN ARCHITEKT

Ech prägen är **Landschaften** a **Stied**: Alleeën, Bongerten, Parken, ëffentlech Plazen...

Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
EbL
ebl.lu / info@ebl.lu

Schëtter

ECH SCHÜTZEN D'LIEWEN. WÉI ALL D'BEEM RONDERËM DECH.

MÉI INFOEN

# Babysitting.lu

Where parents and babysitters connect

## BABYSITTERS

### EMPOWER FAMILIES WITH YOUR CARE AND DEDICATION!

**AIDEZ LES FAMILLES GRÂCE À VOTRE BIENVEILLANCE ET VOTRE ENGAGEMENT !**

- **Connect with local families.**
  *Connectez-vous avec des familles locales.*
- **Manage your schedule easily.**
  *Gérez facilement votre emploi du temps.*
- **Earn extra income.**
  *Gagnez un revenu supplémentaire.*
- **Build your network.**
  *Développez votre réseau.*

**Sign up for free!**
*Inscrivez-vous gratuitement !*

## PARENTS

### FIND RELIABLE BABYSITTERS ANYTIME, ANYWHERE!

**TROUVEZ DES BABY-SITTERS FIABLES À VOTRE DISPOSITION, PARTOUT ET À TOUT MOMENT !**

- **Find certified & verified babysitters.**
  *Trouvez des baby-sitters certifiés & vérifiés.*
- **Book securely online.**
  *Réservez en toute sécurité en ligne.*
- **Enjoy flexible scheduling.**
  *Profitez d'une flexibilité horaire.*
- **Peace of mind guaranteed.**
  *Tranquillité d'esprit garantie.*

**Register for free!**
*Inscrivez-vous gratuitement !*

elisabeth jeunesse

www.babysitting.lu babysitting@elisabeth.lu

Babysitting.lu, un service agrée par le Ministère de l'Éducation Nationale de l'Enfance et de la Jeunesse et géré par Elisabeth Jeunesse
Babysitting.lu, a service approved by the Ministry of Education, Children and Youth and managed by Elisabeth Jeunesse

## ADMINISTRATION COMMUNALE DE SCHUTTRANGE

2, Place de l'Eglise - L-5367 Schuttrange

commune@schuttrange.lu
www.schuttrange.lu

**Heures d'ouverture du bureau de la population - état civil**

Mé-Do • Lu-Je • Mo-Th ____ 08:00 - 11:30
____ & 13:00 - 16:00

Fr • Ve • Fr ____ 08:00 - 14:00

**Op Rendez-vous • Sur rendez-vous • By appointment**

Dë • Ma • Tu ____ 16:00 - 18:30

Fr • Ve • Fr ____ 07:00 - 08:00

**ACCUEIL** 35 01 13 - 1
Natascha Parage-Kimmel
Sandy Lucius

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
Claude Marson, *bourgmestre*
Serge Eicher, *échevin*
Conny Ney, *échevine*

**SECRÉTARIAT** 35 01 13 - 220
Alain Dohn, *secrétaire communal* — *secretariat@schuttrange.lu*
Annick Gut
Joëlle Huberty
Robert Mannes
Ranjit Neuman
Victor Neumann
Kelly Sepulveda, *secrétariat du Service technique*

**BUREAU DE LA POPULATION - ÉTAT CIVIL** 35 01 13 - 250
Vincent Niclou, *chef de service* — *population@schuttrange.lu*
Barbara Cash
Ronny Lux

**RECETTE COMMUNALE** 35 01 13 - 230
Mirelle Reding, *receveuse communale* — *recette@schuttrange.lu*

**SERVICE FINANCIER** 35 01 13 - 230
Florian Altmann — *facturation@schuttrange.lu*
Laurent Hartz
Cécile Stronck

**RELATION PUBLIQUES** 35 01 13 - 600
Vicky Seibert-Jungbluth, *cheffe de service* — *relations.publiques@schuttrange.lu*
Philippe Lentz
Larry Da Luz

**DÉVELOPPEMENT DURABLE** 35 01 13 - 260
Daniel Flies

**SERVICE URBANISME** 35 01 13 - 260
Tania Velez, *cheffe de service*
Cédric Néré

**SERVICE TECHNIQUE** 35 01 13 - 240
Daniel Paciotti, *chef de service* — *servicetechnique@schuttrange.lu*
Rodrigo Claudio
Raoul Petry
Michel Schommer
Paul Schummer
Daniel Giallombardo, *agent municipal*

**ATELIER TECHNIQUE** 35 01 13 - 262
Serge Hoffmann, *chef de service*

**ENSEIGNEMENT** 35 98 89 - 320
Joëlle Max, *présidente du Comité d'école*
Steve Back, *service scolaire*

**SERVICE CONCIERGERIE** 35 01 13 - 340
Oliver Pleyer, *chef de service*

**CENTRE FORESTIER** 247 56 694 / 247 56 688 / 621 202 102
Pit Lacour, *préposé-forestier*

**MAISON RELAIS & CRÈCHE** 35 98 89 - 371 / 621 154 707

**SCHËTTER JUGENDHAUS** 26 35 07 90

**RECYCLING CENTER** 34 72 80

**OFFICE SOCIAL** 27 69 29 - 1

**SERVICE DE MÉDIATION** 621 673 648 — *mediation@schuttrange.lu*

**SYRDALL HEEM ASBL** 34 86 72

**POLICE** 113

**POLICE SYRDALL** 244 78 1000

**APPEL D'URGENCE** 112

**Eau : Permanence en dehors des heures de bureau: 35 01 13 298**